

Marc Trossen & Claude Vandivinit

D'Schraasseger Lager

1941–1947



Gemeng Schëtter

D'Schraasseger Lager

RAD Lager - Internéierungslager -
Krichsgefaangenelager - Militärcamp
1941 - 1947

Gemeng Schëtter

IMPRESSUM

Marc Trossen & Claude Vandivinit (UNIOUN)
D'Schraasseger Lager
1941-1947

Oplo 2024

Text:
Marc Trossen & Claude Vandivinit

Layout:
Claude Vandivinit

Berodung (Grafik a Gestaltung):
Ohjo S.à.r.l.

Editeur:
Gemeng Schëtter

Imprimerie: Ossa

ISBN: ISBN 978-2-87996-090-6

© Trossen/Vandivinit - Lëtzebuerg 2024

Marc Trossen & Claude Vandivinit

Reichsarbeitsdienstlager

1941 - 1944,

duerno

Internéierungslager

fir Kollaborateuren,

duerno

Krichsgefaangenelager

a Militärcamp

1944 - 1947

© 2024 Marc Trossen & Claude Vandivinit

Editeur: Gemeng Schëtter



Loftopnam vum Schraasseger Lager 1951.
(Source: IGN France (Licence: CC-BY))

Aféierung

Iwwert d'Schraasseger Lager ass wuel schonn e puer mol eppes geschriwwe ginn, haaptsächlech a Form vu méi klengen Artikelen a Broschüren zou bestëmmten Anniversairen oder och emol an engem Buch, wou et dann awer just ee vu villen Artekele war, deen sech domat beschäftegt huet. Als haiteg « Bewunner vun dësem Lager » (si wunnen allen zwee um Areal vum fréiere Lager) huet et den Auteuren dofir interessant geschénkt, zesummenzedroen wat bis elo verëffentlecht ginn ass a mat neien a méi rezenten Erkenntnisser an enger eegestänneger klenger Publikatioun dem interesséierte Lieser zougänglech ze maachen.

D'Geleeënheet huet sech erginn, wéi di Verantwortlech vun der Gemeng Schëtter mat der Iddi koumen, fir op der Plaz vum fréiere Lager zu Schraasseg an der Schlassgewan, uewe beim Bësch, Hiwäisschëlde opzestellen, mat deenen d'Leit, déi do spadséiere ginn, op di fréier Existenz vun dësem Lager opmierksam kéinte gemaach ginn.

Dat war de Startschuss, fir nei no de Spueren ze sichen, op déi vill Bewunner aus der Schlassgewan bei sech an am Bësch fréier wuel schonn emol gestouss waren, déi se dann awer nees vergiess, munchmol och zerstéiert hunn, well si zu deem Moment net richtig eppes domat konnten ufänken.

Och d'Auteuren hunn sech missten dru ginn, fir erëmze-fannen, wat se viru Joren direkt hannert hirem Terrain fotograféiert haten (Trape, Ënnerstänn, Waasserbasengen, Bëtongsdallen, asw.), wat se säit längerer Zäit awer schonn net méi gesinn haten.¹ Dat meescht war an der Tëscht mat däregen Hecken a soss Gesträich esou dicht

¹ Cf. S. 15, 17 an Annexe III.

zou gewuess, datt et ouni Motorsee kaum ze bewältege war. D'Angscht war och do, datt an der Sträif um Rand vum Bësch, wou di iewesch Brake vum Lager gestanen hunn, scho villen duerch Bëschaarbechten zerstéiert gi wär.

Ëmsou méi grouss war d'Freed, wéi lues a lues Verschid-denes nees konnt fräigeluecht ginn, z. B. eng nach ëmmer gutt erhalen Trap oder eng Bëtongsdall. De geneeën Emplacement vun dëse stengen Zeie ware wichteg Unhaltspunkten, fir nodréiglech d'Dimensiounen an den Opbau vum Lager richtig kënnen no ze zeechnen.

Den Ufank war gemaach an dunn ass et drëms gaange fir d'Geschicht vum Schraasseger Lager an den historesche Kontext ze setzen an ze beschreiwe, wat alles an de Joren 1941-1947 op dëser Plaz passéiert ass.

- Wat war dat fir e Lager?
- Wéi huet et sech vun engem Reichsarbeitsdienst (RAD) Lager zu engem Lager fir d'Internéierung vu Kollaborateuren, engem Krichsgefangenelager a schlussendlech engem Militärcamp entwéckelt?
- Wéi eng Mënschen hunn hei a wéi enge Konditiounen gewunnt a geschafft, respektiv waren hei agespaart?
- A wat ass mat deenen 10 Brake geschitt, déi hei stoungen?

MERCI all deenen, déi eis bei der Realisatioun vun dëser Publikatioun mat Fotoen, Rot an Dot gehollef hunn!



INHALTSVERZEECHNES

Aféierung

Reichsarbeitsdienstlager Schraasseg

De Reichsarbeitsdienst (RAD)	8
Arbeitsdienst an Arbeitsdienstpflicht.....	8
RAD Lageren	8
Den RAD zu Lëtzebuerg.....	9
RAD Lager Schraasseg	12
Braken (Baracken)	13
Kapazitéit vum Lager	19
De Kontakt mat der Awunnerschaft vun der Gemeng Schëtter	20
Ofsécherung vum Lager	22
Enn vum Schraasseger RAD Lager	23
Lëscht vu Lëtzebuerger, déi am RAD Lager K2/242 vu Schraasseg (Gemeng Schëtter) passéiert sinn	24

Internéierungslager fir Kollaborateuren, Krichsgefaangelager a schliisslech Militärcamp

Aféierung.....	28
Wouhi mat all deene Nazi-Kollaborateuren ?	28
Gefaangener vun der Wehrmacht am Lager zu Schraasseg	29
Organisatioun a Verantwortung betreffend d'Krichsgefaangelageren.....	29
D'Lëtzebuerger Arméi war mat der Opsicht an de Lagere fir Krichsgefaangener zu Lëtzebuerg also och zu Schraasseg beoptraagt.....	30
Éischt Visitt vun de Krichsgefaangelageren zu Lëtzebuerg duerch dat Internationaalt Rout Kräiz.....	31
Ausbréch een nom aneren.....	32
Rapport iwwer d'Visitt am Schraasseger Lager vum 30. Januar 1946 duerch de Jacques de CASTELLA, Delegéierten vum Internationale Roude Kräiz (original Versioun).....	32
Dat war net den eenzegen Onfall.....	32
Zweet Visitt vun de Krichsgefaangelageren zu Lëtzebuerg duerch dat Internationaalt Rout Kräiz.....	33
D'Installatioun vum Militär-Camp vu Schraasseg a seng Weiterentwicklung bis 1947	35
De Militärcamp vu Schraasseg an déi do stationéiert Lëtzebuerger Zaldoten.....	36
Enn vum Militärcamp vu Schraasseg a Weiderliewe vun de Braken.....	38

Annexen

Annexe I - Arbeitsdienstpflicht-Veruerdnungen.....	43
Annexe II - Virleefegen Entscheet no der Musterung fir an den RAD.....	44
Annexe III - Spuere vum Lager	45
Annexe IV - Opbau vun der Brak vum CTF Bouneweg 1948	46

Bibliographie	47
----------------------------	----



Offiziellt RAD-Ofzeechen mat Spuet an Ieren

1. DEEL REICH SARBEITSDIENSTLAGER SCHRAASSEG



Foto: Archiv Jemp Guillaume

De Reichsarbeitsdienst (RAD)

De *Reichsarbeitsdienst* war eng vun de Schikanen, déi der Lëtzebuerger Bevëlkerung während dem Zweete Weltkrich vum däitschen Occupant opgezwonge goufen. Betraff waren all Lëtzebuerger am Alter vun 18 bis ofgeschlosse 25 Joer. Anescht wéi d'Wehr- oder Kriegsdienstpflicht war d'*Arbeitsdienstpflicht* net nëmme fir déi männlech, ma och fir déi weiblech Jugend geduecht. Parallel zu där Entwécklung hat d'*Reichsleitung* och Pläng fir um Lëtzebuerger Territoire eng Rei Aarbechtslageren opzerrichten. Wéi vill et där waren a wou se stoungen, probéiere mir an dësen Zeilen duerzestellen, souwäit d'Dokumente déi virleien eis dat erlaben. Dobäi wëlle mir dat Schraasseger RAD Lager fir *Aarbechtmänner* méi genee ënnert d'Lupp hëlen an um Beispill vun dësem Lager och e puer méi prinzipiell Aspekter vun de RAD Lageren duerstellen.

ARBEITSDIENST AN ARBEITSDIENSTPFLICHT

Den *Arbeitsdienst* an d'*Arbeitsdienstpflicht* un sech ware keng reng Erfindunge vun den Nationalsozialisten. D'Iddi fir den eenzele Bierger mat senger Aarbechtsskraaft an d'Flicht ze huelen, zum Wuel vun der Allgemengheet, kann ee scho bis an di Franséisch Revolutioun zeréck verfollegen. E groussen Opdriff krut se an Europa nom Éischte Weltkrich, wéi Aarbechtslosegkeet sech iwwerall breet gemaach huet. Besonnesch no der Weltwirtschaftskris vun 1929, wéi Masse vu Leit reegerecht Honger gelidden hunn, ass den *Arbeitsdienst* a ville Länner als sozialpolitesch Moossnam a Betruecht gezu ginn, vu Bulgarien bis an di Vereenegt Staate vun Amerika. Hei hat de President Roosevelt en am Kader vu sengem *New Deal* mat de sougenannten *Civilian Conservation Corps* (CCC) agefouert.¹

Déi di dofir waren hunn doran eng Méiglechkeet gesinn, di vill Aarbechtslos vum der Strooss ze huelen, si virun engem sécheren Hongerdoud ze retten oder hinnen einfach nees e Sënn am Liewen ze ginn. Sécher wollt een domat och verhënnere, datt ëmmer méi vun hinnen sech géinge radikaliséieren. Déi di dogéint waren hunn dora virun allem eng faschistesche Ausbeutung vu Mënschen an Nout gesinn. Amplaz Aarbechtsplassen zu engem normale Loun ze schafen, géing ee mam *Arbeitsdienst*, besonnesch wann een e fir obligatoresch erkläert, just bëlleg Aarbechtskräften erop züchten a rege Lounofbau bedreiwen.

Och zu Lëtzebuerg ass am Ufank vun den 30er Jore kontrovers doriwwer debattéiert ginn. Dobäi huet d'Opposi-

tioun der Regierung Dupong virgeworf, si wéilt mat der Aféierung vun engem *Arbeitsdienst* net nëmme zu bëllegen Aarbechtskräfte kommen, ma och verhënnere, dat eng effizient Versécherung géint d'Aarbechtslosegkeet am Land géif agefouert ginn.²

An Däitschland war den *Arbeitsdienst* 1931, nach während der Weimarer Republik, a Form vun enger Aarbechtsbeschafungsmoossnam, deem sougenannte *Freiwilliger Arbeitsdienst* (FAD), agefouert ginn an iwwerall am Land waren Aarbechtslageren aus dem Buedem geschoss.

RAD LAGEREN

Wéi d'Nationalsozialisten 2 Joer drop un d'Muecht koumen hunn si séier erkannt, wéi een enormt Potential u Méiglechkeeten sech hinne mat esou enger Mesure géing bidden. Nieft dem Gewënn vu bëllegen Aarbechtskräfte fir éiergäizeg Bauprojeten, waren den *Aarbechtsdénsgsch* an déi zougehéiereg Aarbechtslageren och ideal Plaze fir grouss Schichte vun der jonker Bevëlkerung ze disziplinéieren a politesch ze manipuléieren. Hei konnte Kaderen³ ausgebilt a militäreschen Drill trainéiert ginn, kuerz, hei konnt op de Krich virbereet ginn.

Et war deemno net verwonnerlech, datt d'Nationalsozialisten de FAD konsequent fir hir Zwecker ugepasst an ausgebaut hunn. Di besteeënd Lagere vum FAD sinn der *Reichsleitung* ënnerstallt an, ënnert der Fuchtel vun hirem geeschtege Papp, dem *Reichsarbeitsführer* Konstantin Hierl, ausgebaut an no an no méi staark an den *Dénsgsch* vum Hitler senge Krichs-Pläng gesat ginn. D'Organisatioun gouf straff duerchstrukturéiert an ageedeelt an iwwer 30 *Arbeitsgauen*, 182 *Gruppen* an 1260 *Abteilungen*.

War de FAD an Däitschland bis dohinner meeschtens nach fräiwëlleg, ass e mat dem Gesetz vum 26.06.1935 an den RAD (*Reichsarbeitsdienst*) ëmgedeelt a generell fir Jugendlécher am Alter vun 19 bis 25 Joer obligatoresch ginn.

D'Liewen am Lager gouf elo streng hierarchiséiert an den Alldag vun den *Aarbechtmänner* no militäreschen Ritualen ausgeriicht. Moies den Appell, d'Trainéiere vum *Garde-à-vous*, d'Salutéieren an de Gläichschritt, Kierpertraining, militäreschen Drill an allgemeng streng Virschreften hunn den Dagesoflaf ëmmer méi staark, bis an de klengsten Detail, reglementéiert. D'*Aarbechtmänner*, wéi se vun den Nazie genannt goufen, haten hire Spuet ëmmer bléiz blank a funktiounsfäeg ze halen. Wéi den Zaldot säi

¹ Cf. Dës a méi Informatiounen iwwert den Aarbechtsdénsgsch bei Kiran Klaus PATEL, 2002.

² Escher Tageblatt (ET), 14.12.1932, S. 1 (Num. BNL).

³ Dozou eng interessant Dissertation vum Michael HANSEN, 2004)

Gewier, sou hunn d'Aarbechtsmänner geléiert hire Spuet ze *schëlleren*. Den *Aarbechtsdéngscht* krut d'Roll vum Militärdéngscht, deen den Däitschen am Versailler Vertrag nach ënnersot gi war.

DEN RAD ZU LËTZEBOURG

Wéi de Gauleiter Gustav Simon sech de 25. Juli 1940 am besate Lëtzebuerg niddergelooss huet, fir do eng Woch méi spët, mam Seege vum Adolf Hitler an als Chef vun der Zivilverwaltung (CdZ) d'Geschécker vum Land un sech ze räissen, war hien der Meenung, hie kënnt séier an ouni Probleemer aus de Lëtzebuerger gutt Däitscher an natierlech och iwwerzeegten Nationalsozialisten maachen. Eng vun de Methoden, déi him dozou agefall ass, war logescherweis de *Reichsarbeitsdienst* (RAD).

Am Februar 1941 krut den RAD beim CdZ en eegene Service, e sougenannt *Meldeamt*, eng *Ersatzdienststelle* vum RAD¹, deen di ganz Organisatioun vum *Arbeitsdienst* (Aberuffung, Musterung an Aweisung vun de jeeweilege Joergäng) an d'Hand geholl huet. Un der Spëtzt vun deem Service stoung den *Oberstfeldmeister* Friederichs, ënnert der verantwortlecher Leedung vum *Generalarbeitsführer* Arthur Etterich². Nach de selwechte Mount gouf d'Lëtzebuerger Jugend an allen Dageszeitungen opgefuerdert, sech fräiwëlleg beim RAD anzeschreiwen. Dat hat awer wuel net dee néidege Succès, well schonn 3 Méint méi spët, den 23. Mee 1941, ass den *Arbeitsdienst* fir all lëtzebuergesch Staatsbierger am Alter vun 18 bis 25 Joer obligatoresch ginn.^{3 4}

Vun do bis un d'Enn vum Krich sinn am Ganzen eng 3.376 Meedercher an 11.034 Jonge vun de betroffenen Altersklasse⁵ fir 6 Méint an den Arbeitsdienst gezwonge ginn, meeschtens a Lageren ausserhalb vum Land.^{6 7} Nieft der Indoktrinéierung mat nationalsozialistischem Denken an Handeln, sinn di Jonk an dëse Lageren systematesch op de Krich virbereet ginn, d'Jongen op hir spéider Zwangsrekrutéierung an d'*Wehrmacht*, d'Meedercher op de *Kriegshilfsdienst* (KHD).

¹ Luxemburger Wort (LW), 8.07.1941, S. 3: Meldeamt für den RAD in Luxemburg.

² Arthur Etterich, Abgeordneter für den Wahlkreis 21 (Koblenz-Trier), Mitglied des nationalsozialistischen Reichstages ... (cf. Wikipedia).

³ Cf. Veruerdnungen an der Annexe I.

⁴ Beispill vun engem Musterungsbescheid an der Annexe II.

⁵ Zuelen aus dem Livre d'Or des victimes luxembourgeoises de la guerre de 1940 à 1945, Esch/Alzette, 1972, S. 500f.

⁶ Es war [...] ein erklärtes Ziel der Nazis, unsere Jugend möglichst weit weg von zu Hause (in Pommern, Posen, Schlesien, Griechenland, ...) zu "schulen" und auf den Krieg vorzubereiten. (Marc TROSSEN, 2005, S. 285)

⁷ Eng Hellewull vun detailléierten Temoignage vu Lëtzebuerger a RAD Lageren zu Lëtzebuerg an am Ausland fénnt den interesséierte Lieser bei: Marc TROSSEN, 2015, Sachverzeichnis, S. 1239f.

LAGEREN ZU LËTZEBOURG

RAD Lagere fir männlech Jugendlech

Am Januar 1941 hat sech am Schloss Jacquinet zu Beetebuerg e sougenannte RAD *Vorkommando* aquartéiert, mat der Missioun, RAD Lageren zu Lëtzebuerg opzeriichten. Mat Hëllef vun RAD *Arbeitsmänner* vun Tréier a Saarburg, gouf als éischt de Bau vun engem Lager am Bësch vum *Mosselter* geplangt.⁸ Wéi den *Oberstarbeitsführer* Fonck herno bei der Aweisung vun deem Lager, den 18. Juli 1942, vermierkt huet, hätt et weinst dem strenge Wanter nach bis Abrëll/Mee gedauert, bis se mam Bau konnten ufänken.⁹ De 27. September 1941 sinn déi éischt Lëtzebuerger *Arbeitsmänner*, no 6 Méint RAD, aus dem Lager Beetebuerg entlooss ginn.¹⁰

Vu Beetebuerg aus sinn Truppen op Hesper, Mutfert, Schraasseg a Miersch geschéckt ginn, fir de Bau vu weidere Lageren an d'Wee ze leeden. Sou konnte bis Mëtt 1942 am ganze 4 vun 10 geplangten *Haaptlageren*, fir jeeweils 200 *Arbeitsmänner* an 20 *Ausbilder*, entstoën. Si waren awer net, wéi een hätt kënne mengen, ausschliesslech fir Lëtzebuerger bestëmmt. Si sinn als RAD *Abteilungen* dem uewe genannten Netz vun den däitschen RAD Lagere bäigefügt ginn, méi genee dem *Arbeitsgau* XXIV *Moselland* (*Mittelrhein*), a kruten d'Nummeren 2/242 (*Bettemburg*), 3/240 (*Schrassig*)¹¹, 4/240 (*Hesperingen*) a 6/245 (*Mutfert*).^{12 13} D'Niewelager Miersch ass ni ganz fäerdeg gestallt ginn an huet nëmme kuerz Zäit funktionéiert. Am *Luxemburger Wort* vum 7.09.1946 geet nach rieds vun engem Lager zu Béiwen un der Atert, dat allerdéngs ni a Betrib geholl gi wär.

RAD Lagere fir weiblech Jugendlech

Schonn am November 1940 hat den CdZ un all Gemenge vum Land geschriwwen fir no Gebaier ze froen, déi sech fir d'Ariichte vu Lageren fir di weiblech Jugend géingen eegenen.¹⁴ Bei dëse Lageren, wéi och bei aneren déi senger Zäit an der Press beschriwwen goufen, ass net ëmmer

⁸ Vgl. Fernand LORANG 1989, S. 271.

⁹ ET, 20.07.1942, S. 5, Reichsarbeitsdienstlager Bettemburg eingeweiht.

¹⁰ LW, 29.09.1941, S. 3: Wieder in der Heimat.

¹¹ Fälschlecherweis steet hei och emol "Schüttringen", d. h. den Numm vun der Gemeng. Well bei den anere Bezeechnungen d'Uertschaft (Bsp. Mutfert) an nët d'Gemeng (Contern) als Bezeechnung geholl gëtt, menge mir, datt et méi richteg ass d'Lager mat "Schrassig" (also der Uertschaft) ze betittelen.

¹² Cf. Paul DOSTERT, 2013, S. 78f.

¹³ De Kennnummern ass munchmol de Buchstaw "K" virgesat ginn. Iwwert seng genee Bedeitung gëtt och haut nach spekuléiert, woubäi d'Meenunge vu Kriegsabteilung, iwwer Katastrophenschutz bis hin zu Katroffelkäfer ginn. (Cf. <https://www.forum-der-wehrmacht.de>)

¹⁴ Anluz, CdZ: D-8:022: Einrichtung von Lagern für den Arbeitsdienst der weiblichen Jugend. Bl. 014., zit. bei Paul DOSTERT, 2013.

kloer, ob et sech em RAD Lageren handelt, em de BdM (*Bund deutscher Mädchen*) oder em *Landjahrlageren*. Dat sougenannt *Landjahr* haten d'Nazien, änlech wéi den *Arbeitsdienst*, aus der Weimarer Republik iwwerholl an ab 1934 un hir Besoinen ugepasst. Si hunn doraus en obligatoreschen Openthalt an engem Lager vun 8 Méint (normalerweis vun Abrëll bis Dezember) gemaach, bei deem di Jonk vu 14 bis 21 Joer, ënnert der Verantwortung vum *Reichserziehungsministerium*, d'Liewen um Land, di manuell Aarbecht an natierlech déi nationalsozialistesche Ideologë sollte kennelëieren. D'Ähnlechkeete mam *Arbeitsdienstlager* sinn allerdéngs net vun der Hand ze weisen. Och de Paul Dostert huet dozou gemengt: *Letztlich war man wohl von Anfang an darauf aus gewesen, Gebäude zu finden, die als Unterkünfte für den weiblichen Arbeitsdienst genutzt werden konnten.*¹

An den Dageszeitungen ass kräfteg Reklamm gemaach gi fir esou Lageren. Si sinn als fortschrëttlech Zukunftsvisi-

¹ Paul DOSTERT, 2013, S. 82.

oune fir di weiblech Jugend, mat enger Rei Méiglechkeete fir eng beruflech Karriär z.B. als *Führerin* duergestallt ginn.²

Am *Luxemburger Wort (LW)* vum 13.10.1942 gouf dat éischt weiblech RAD Lager fir Mëtt Oktober 1942 zu Rouspert am Schloss ugekënnegt. Jidderee war invitéiert fir sech d'Lager ukucken ze goen. Den 10. 04.1943 liese mer vun engem zweete Lager am Schloss Jacquinot zu Beetebuerg. Dräi sougenannt *Kameradschaften* géingen de Leit aus der Ëmgegend elo als *Helferinnen* zur Verfügung stoen.³ Den 19. 10.1943 gëtt am *LW* d'Erëffnung vun engem weidere *Maidenlager* zu Huelmes am ale Schloss fir Ufank November annoncëiert. Zu Aassel haten déi Däitsch en Niewelager (BdM Lager?) fir di weiblech Jugend opgeriicht, dat awer nëmmen aus weënege Brake bestoung. Mëndlechen Aussoen no, waren do ni Lëtzebuerger Meedercher dran.

² ET, 15.04.1942, S. 5: Maiden im RAD oder ET 27.09.1943, S. 3: Sonderführerinnen im RAD.

³ LW, 10/11.04.1943: Ein zweites Maidenlager in Luxemburg.

RAD-Lager
Beetebuerg, Abt.
K2/242 - Mëtt
Abrëll 1942: Di
éischte Lëtzebuerger
Aarbechtsmänner si
mat hire Wallissen
ukomm a gi vun de
Lagerföhrer
inspizéiert an
agewisen. (Source:
Archiv Camille
DIEDERT)



RAD-Lager Beetebuerg, Erëffnung den 18.07.1942. Den Oberstarbeitsföhrer Fonck, stellvertr. Föhrer vum Arbeitsgau XXIV, marschéiert laanscht d'Aarbechtsmänner. (Archiv Jos DONDELINGER)



RAD-Niewelager Miersch - Juni 1942: Lëtzebuerger Aarbechtsmänner vum Beetebuenger RAD Lager kommen op Miersch fir um Lager ze schaffen. (Archiv Jos DONDELINGER)

RAD-Lager Mutfert, Abt. 6/245 - Vue op d'Lager vun der Syrener Strooss fotograféiert. Lénks ze erkennen den Tunnel ënnert der Eisebunn an der Rue de la Source. (Foto: Archiv MT)



Foto mat der selwechter Vue op d'Lager Mutfert vun der Méidenger Strooss aus fotograféiert. (Foto: Archiv MT)

Ënnen: RAD-Lager Hesper, Abt. 4/240 - Am Hannergrond d'Brake vum RAD-Lager um Holleschbierg. (Foto aus enger Broschür vum FC Swift Hesper)





Bléck op d'Schraasseger Lager vun der Schëtter Strooss erop. Gutt ze erkennen d'Zuel vun de Module pro Brak an d'Fënsteren am Sockel bei de fiischte Brake riets. (Foto LUX1941, RAD-Abtg. K3/240, Blick auf Baracken in Schüttringen (MB)21136) (Archiv CV).

RAD Lager Schraasseg

Am September 1941 huet den RAD am Schloss vu Mënsbech Quartéier bezunn. No laange Verhandlungen a mat dem néidegen Drock op d'Besëtzerin, hat den Ortsgruppenleiter Batty T. 5 Zëmmere fir si organiséiert.¹

Vun do aus ass da gläich mam Bau vun engem Lager ugefaange ginn. Als Emplacement haten si en Areal vun 1-2 Hektar zu Schraasseg an der Schlossgewan erausgesicht.

Wuel nët nëmme wéinst der allsäits beléiffter Tendenz vun den Nationalsozialisten, sech an oder bei Schlässer niddierzeloossen, huet dës Géigend och vill vun de Charakteristiken erfëllt, déi di geeschteg Papp vun der Lager-Ideologie sech ausgeduecht haten:

- Eng isoléiert Lag an der Natur, ausserhalb vun der Uertschaft
- Déi direkt Noperschaft zum Bësch (Versuergung mat Brennholz, méigleche Schutz bei Loftattacken)
- D'Presenz vu Quelle fir eng autonom Waasserversuergung
- D'Méiglechkeet vun der elektrescher Versuergung
- D'Proximitéit vun der Eisebunn an der Éiter Gare

Eis leie keng Originaldokumenter vum Bau vum Lager vir. Di wéineg déi an der Zäit wuel nach bestanen hunn, sinn

haut zerstéiert oder net méi ze fannen. Trotzdeem bleiwen e puer wäertvoll Elementer an Unhaltspunkten, déi et äis erlaben d'Grondstruktur an och soss interessant Detailer vum Lager ze eroden an nei op ze zeechnen. Do wäeren:

- Eng Loftopnam aus dem Joer 1951, wou d'Struktur vum Lager nach gutt ze erkennen ass (S. 15)
- Reschter vu Gebailechkeeten op der Plaz (S. 15, 17, Annexe III)
- Erëmfonntes
- Braken aus dem Lager, déi 1947 versteet goufen an déi nach haut op verschiddene Plazen, méi oder wéineger verschandelt, fir aner Zwecker benotzt ginn (S. 38ff)
- Al Fotoë vun an aus dem Lager
- Temoignage vun Aarbechtmänner déi duerch d'Lager gaange sinn
- Di allgemeng gëlteg Charakteristike vun den RAD Lagere, déi och zu Schraasseg ze erkenne sinn.

Um Beispill vum Schraasseger Lager wëlle mir probéieren, e puer vun de Charakteristiken vun den RAD Lagere méi detailléiert duerstellen.

¹ Marc TROSSEN 2005, S. 254.

BRAKEN (BARACKEN)

En RAD Lager war eng an sech ofgeschlosse Siidlung vu Braken, an deene jeeweils 200-250 Persounen ënnerbruecht konnte ginn. D'Brake selwer waren hëlze Konstruktiounen aus fäerdeg geliwwerte Modullen, déi een op der Plaz zu verschiddene Gréissten zesummesetze konnt. Wichteg Prinzipier, déi bei hirer Entwécklung eng Roll gespilt haten, waren de Baukaste-Prinzip, d'Norméierung an d'Vereenheetlechung vun alle Komponenten.¹

All eenzele Baudeel, d'Konstruktiounstechniken, déi ganz Bannenariichtung inklusiv de Miwwel, alles war norméiert.



Einfach Methode fir di eenzel Elementer vun der Holzkonstruktioun, wéi beim Baukasten, mateneen ze verbannen. Beispill aus enger RAD Brak, déi mir zu lerseng entdeckt hunn (Archiv MT)

Gehëtzt gouf mat engem speziell fir den RAD entwéckelte gossenen Uewen. Fir d'Versuergung, souwuel mat Waasser wéi mat Elektresch, waren eegen, op déi spezifesch Besoinen vun den RAD Lageren ugepasste Systemer ausgeschafft a vereenheetlecht ginn. Dës norméiert Bauweis huet et méiglech gemaach, dass d'Braken iwwerall a grousser Zuel an zu engem virgeschriwwenen Eenheitspräis konnten hiergestallt ginn. Fir Ersatzstécker konnt ëmmer op den nooste Betrib zrëckgegraff ginn. Sou ass et am séierste gaangen an et huet ëmmer gepasst.

D'Brake konnte standardméisseg fir verschidden Zwecker equipéiert ginn. Sou sinn, nieft *Mannschaftsbaracken*, nach aner norméiert Modeller, wéi beispillsweis di sogenannte *Führer-, Verwaltungs-, Wirtschafts-, Wasch-* an souguer *Abortbaracken* entwéckelt ginn.

Extra bequeem waren d'Brake wuel net. Ausser mat *Dachpappe* waren se quasi net isoléiert, weder géint Hëtzt nach géint d'Keelt. D'Aarbechtsmänner hunn op enkstem Raum misse mateneen auskommen. Eng Privatsphär gouf et net. An dat hat net nëmme wirtschaftlech Ursaachen. Et hat och ze doe mat der allgemenger Philosophie a mat den erzéieresche Virstellungen, déi un den *Arbeitsdienst* gekoppelt waren (Cf. Kapitel Liewen am Lager).

Zesummeffaassend kann ee soen, dass di norméiert Braken äusserst flexibel an adaptéierbar Konstruktiounen waren, déi d'Nationalsozialiste massiv agesat hunn, iwwerall do wou se gréisser Zuele vu Mënsche wollten a Strukturen zesummeféieren, vum Aarbechtslager oder Militär-

lager iwwert d'Gefaangenelager bis hin zum Konzentrationslager.


Wéi op de Fotoen ze erkennen, stoungen am Schraasseger RAD Lager wuel haaptsächlech Brake vum Typ RL IV. Dësen Typ Brak war, de Baupläng no, zesummegeat aus Module vum 3,3 Meter breed an 8,14 Meter déif, woubäi ee Module aus 3 Elementer vu jee 1,1 Meter (Wand, Dier oder Fënster) bestanen huet. Iwwer d'Zuel vun de Modulen léisst sech deemno di genee Gréisst vun de Brake bestëmmen. Sou kënne mer zimmlech sécher soen, wéi eng Braken zu Schraasseg stoungen, nämlech:

- 1 Brak mat 10 Modullen (33 m)
- 2 Brake mat 8 Modullen (24,6 m)
- 6 Brake mat 6 Modullen (19,8 m)
- 1 Brak mat 2 Modullen (6,6 m)

Donieft gouf et wuel nach zwou méi klenger, déi just aus engem Module (3,3 m) bestanen hunn.

D'Brake sinn als Bausaz geliwwert an op der Plaz op e gëeegent Fëllement gesat ginn. Op flaachem Terrain ass et oft schonn duergaange mat enger zolitter Holzkonstruktioun op hëlze Péil, déi fest am Buedem verankert waren (Cf. Skizz op der nächster Säit). Louch den Terrain an engem Hang, wéi dat zu Schraasseg de Fall war, ass d'Gefäll mat Zillemaueren op Sträife-Fëllementer ausgeglach ginn. Op d'Mauerwierk ass duerno, als Plattform fir d'Brak, eng Bëtongsdall gegoss ginn.

Jee no Gefäll, sinn ënnert der Dall dann och mol gréisser Huelraim entstanen, déi als Keller oder Ofstellraum konnte benotzt ginn. Bei verschiddene Brake vum Schraasseger Lager sinn op de Fotoen däitlech Dieren a Fënsteren am Gemaier ënnert den Dallen ze erkennen.




Aarbechtsmänner trieden u mat hire Schosselen um Wee wou et erof bei d'lessbrak gaangen ass. Ganz lenks eng Dir an der Mauer vum Sockel ënnert der Brak. (Archiv Marcel Folschette)


¹ Cf. Vereinheitlichung beim *Reichsarbeitsdienst*. (Source: https://bochumer-bunker.de/rad_normbauten.html)

REICHSLÉITUNG DES ARBEITSDIENSTES

TYP. R.L.IV.
"SONDERAUSFÜHRUNG A."



Dëst Bild weist den normierte Grondriss vum deem wäitverbreeten Typ vu Brak, deen och zu Schraasseg an den Asaz komm war. An der Informatioun zum Bild heescht et, an dëser Brak wär Plaz gewiescht fir 4 Truppen. 1 Trupp waren 8-10 Mann, déi an 2 zesummegefaasste Module gewunnt hunn. 4 Truppe waren 1 Zug a 4 där Züge waren 1 Abteilung. (Source: Museum Niesky Forum Konrad-Wachsmann-Haus, Lizenz: CC BY-NC-SA).



Baukastenprinzip der RAD-Baracke Typ IV. (Privatbesitz Jan Thomas Köhler)
(Source: <http://neuengamme-ausstellungen.info/content/lagermodell/objekt29.html>).

Hiwäis: An enger gutt erhalener RAD Brak, déi dem CTF Bouneweg säit 1947 gehéiert an déi dësem Veräin och no iwwer 77 Joer nach ëmmer gutt Déngschter leescht, kann een de Konstruktionsystem vun esou enger Brak gutt erkennen (Cf. Fotoen op Säit 40 an déi an der Annexe IV).



Loftopnam vum Schraasseger Lager 1951. (Source: IGN France (Licence: CC-BY))

OPBAU VUM LAGER

Op der Loftopnam vum 1951¹ gesäit ee, wéi dat Schraasseger Lager sech laanscht de Bësch, iwwert en 1-2 ha groussen Areal, erstreckt huet. Gutt ze erkenne sinn hei nach d'Weeër vum Lager sou wéi och déi ongeféier Opstellung vum de Braken. Lénks vum Huesepad zeechne sech d'Mauern of, op deene warscheinlech d'Dall vum der sougenannter Führerbaracke louch. No méi laange Periode vum Dréchant kommen dës Ofdréck och haut ëmmer nach zum Virschäin.



Sichtbar Trace vum der Führerbrak. (Archiv MT)

Op der rietser Säit vum Huesepad weist d'Loftopnam zwee matenee verbonne Weeër, déi parallel zouenee verlafen. Deen ieweschten dovun zweigt lénks erop op e Bëschwee, dee bei d'Waasserhaische féiert. Di hell rechteckeg Fläche sinn d'Iwwerreschter vum de Bëtongsdallen, op deenen d'Brake stoungen. Besonnesch opfälleg ass déi op der lénker Säit an der Mëtt vum ieweschte Wee, direkt beim Bësch. Si ass zum Deel nach erhalten a konnt kierzlech nees fräigeluecht ginn.

¹ https://map.geoportail.lu/aerial/1951_25000/pdfs/1951_LUXEMBOURG_0117.pdf.



Fräigeluechten Iwwerreschter vum der Bëtongsdall vum der ieweschter Brak (Archiv CV)



Trap, déi bei déi ieweschter kleng Brak beim Bësch gefouert huet, am Wanter 2012. (Archiv MT)

Nieft dëser Dall ass et och vu grousser Hëllef, dass net wäit dovun nach eng Trap vum Lager erhalen bliwwen ass. D'Distanz vum dëse stengen Zeien zum Huesepad, hir relativ Positioun zoueneen, d'Erkenntnisser aus der Loftopnam vum 1951, all dës Indicateuren hunn eis erlaabt, den ongeféieren Opbau vum Lager no ze zeechnen.

Nieft den Emplacementer vu weidere Braken, kann een op der Loftopnam och d'Mauern erkennen, déi wuel dee s.g. Appellplatz agegrenzt hunn, mat der Trap, déi erop bei di ieweschter Brak gefouert huet. Fotoen aus dem Lager weisen ganz schéin, wéi dës Plaz ausgesinn huet (S. 17).

Bei der Gestaltung vum engem RAD Lager ass kaum eppes dem Zoufall iwwerlooss ginn. Ob et den Dagesoflaf war oder d'Opstelle vum de Braken, dat ganz hat ëmmer System. Sou wéi d'Zesummeliwien dorop ausgeriicht war, dass deen eenzelen Aarbechtsmann sech voll a ganz senger Grupp soll ënneruerdnen, sou ass sech och bei der Raum-Opdeelung am Schraasseger Lager offensichtlech u virgeschriwwen Norme² gehale ginn. Meeschtens waren d'Brake symmetresch zu enger zentraler Plaz, dem Appell- oder Paradeplatz, opgestallt. Am Agank vum Lager stoung e Waachhaischen (Schilderhaus) an e Mast mam Lagerfändel. Wéi gewinnt waren tëschtent a virun de

² Vgl. Kiran Klaus PATEL 2002, S. 213.

Brake Blummebeeter a Wuessflächen ugeluecht. Alles sollt jo ëmmer fein a propper ausgesinn.

Trape ware ganz beléift. Et schéngt wéi wann se munchmol bewosst als *pompöst* Gestaltungselement an den Design vum Lager agefüügt gi wäeren. Zu Schraasseg fanne mer dat ëm déi zentral Plaz, vun där jeeweils grousszügeg Trapen erop bei di ieweschte geleeë Brak an erof bei di ënescht geleeën, gréisste Brak féieren. Och am Mutferter Lager war des Symmetrie ganz offensichtlech.




Loftopnam vum Mutferter Lager 1951: E puer Braken hu wuel nach do gestanen! (Source: IGN France (Licence: CC-BY))

Et ass ëmmer vill Wäert drop geluecht ginn, dass all Lager méiglechst autonom fir di kierperlech Hygiène vun de Bewunner kéint suergen. Sou sollt all Brak no Méiglechkeet mat waarm a kal Waasser an och mat Elektresch versuergt ginn. Zu Schraasseg si genuch Quellen, déi se konnten unzapen. D'Wiel ass op eng gefall, déi 200 Meter riets vum Lager an eng kleng Baach fléisst. D'Waasser ass dann, wuel mat Hëllef vun enger Pompel, duerch ierde Réier a Reservoir bei d'Braken eriwwer geleet ginn. Ob se och fléissend waarm Waasser haten, kënne mir net mat



RAD Trap am Mutferter Lager, fotograféiert am Wanter 2012. (Archiv MT)




Mat Hëllef vun der Loftopnam vun 1951, de Fotoen an de Standard-Moosse vun de Brake war et méiglech en ongefëieren Opbau vum Lager ze skizzéieren. D'Braken entspriechen an hirer relativer Längt den effektive Moossen, di säitlech Ofstänn sinn awer geschat. Och fir di genee Funktioun vun eenzele Brake kënne mer keng gesécher Aussoe maachen, ausser fir déi gréissten, déi ënne steet. Déi huet wuel als Kichen an als Refectoire gedéngt. Op den Emplacement vum Waachhaischen schléisst mer aus de Fotoen, sou wéi och op dee vum Fändel. Bei de méi klengen Braken si mir eis net sécher, mir mengen awer kënne ze soen, datt déi ganz ieweschte op der Trap wuel d'Toilettebrak war.

Sécherheet behaupten. Ausser der Quell ass och deen een oder deen anere Pëtz gegruewe ginn. Een dovun, bei der *Führerbrak*, ass haut nach ze gesinn (Annexe III). Wéi de Marc Trossen¹ konnt erausfannen, war fir d'Waasser- versuergung e gewëssene Willy Bollig vu Koblenz zou- stänneg. Spéider ass deen, wuel wéinst senger bekannter

negativer Astellung géintwuer de Nazien, vum A.J. Jaekel aus Euren ofgeléist ginn.

Wat de Stroum ubelaangt, sou erkennt een op de Fotoe gutt déi vill Pottoen, iwwer déi di elektresch Leitunge vun der Hauptstrooss den Huesepad erop an duerch dat ganz Lager gezu gi sinn.

¹ Mëndlech Matdeelung vum Gaston Schummers, in Marc TROSSEN 2005, S. 285.



Ënneschte Lagerwee, Rich- tung Birelergronn. Hei gëtt grad um Appellplatz ge- schafft. Ronderëm d'Plaz: d'Mauer mat der Trap déi tëschent zwou Braken erop féiert. (Archiv Gemeng Schëtter)




Ënneschte Lagerwee, Richtung Huemeslach. Propper ofgestach Grasflächen um Appellplatz a virun de Braken, riets en Aarbechtsmann bei der Brak mam Wuechtposten. (Archiv Gemeng Schëtter)



Agefaasste Quell, déi haut nach leeft an déi och nach esou am Bësch ze gesinn ass. (Archiv MT)



Waasserhaischen, an deem d'Quellewaasser warscheinlech op den néidegen Niveau gepompelt gouf, fir et dann duerch ierde Réier bis an d'Lager ze leeden. (Archiv MT)



Vue vum ieweschte Lagerwee aus Richtung Führerbrak eriwwer op de Kreckelsberg. Lénks am Bild, op der Trap, eng vun den ieweschte Mannschaftsbraken. Riets vum Zentrum steet di grouss ënnescht Brak, an där warscheinlech de Refectoire an d'Kiche waren. (Archiv M. Folschette)




En Trupp vun RAD Männer steet stramm a voller Montur um ieweschte Wee, virun der zentral geleeëner Brak beim Bësch. (Archiv M. Folschette)



RAD-Männer am Schaffkostüm beim Blénkeg-Botze vum Spuet virun hirer Brak (riets). Lénks beim Bësch, di ieweschte Brak mat der Trap, déi tëschent den 2 Brake riets vum Wee erof op den Appellplatz féiert. (Archiv M. Folschette)



RAD-Lager Schraasseg - Gutt ze erkennen, wéi d'Brak op enger Bëtongsdall stoung, déi vu stenge Mauere gedroe war an och déi typesch Träpen, di charakteristescht norméiert Fënsteren an Dieren. (Archiv M. Folschette)



Strammstoen mam Spuet op der Schëller um ieweschte Wee. Am Hannergrond lénks, déi bis haut erhalen Trap fir bei di presuméiert Toilettebrak. (Archiv M. Folschette)

KAPAZITÉIT VUM LAGER

Wann een d'Zuel vun de Modullen aus deenen di 10 Braken am Schraasseger Lager bestanen hunn zesummenzielt, kënt een op 66. Allerdéngs ware sécher net all Brake fir Wunnzwecker geduecht. Wéi scho gesot, gouf et ausser *Wunnbraken* z. B. nach Brake fir d'Verwaltung, fir Kichen a Refectoire, Sanitäsariichtungen, asw.

Wéi eng Brak am Lager Schraasseg wéi e spezifischen Zweck erfëllt huet, doriwwer kënne mir just spekuléieren. Aus den Temoignage vu verschiddenen Zeie geet ervir, datt de Refectoire ënnen um *Appellplatz* stoung. Dat wär dann eventuell déi gewiescht, déi mir mat 10 Modullen als gréisste Brak ënnerhalb vum *Appellplatz* identifizéiere konnten. Och eng *Toilettebrak* (*Abortbaracke*) gëtt erwähnt. Si hätt uewe beim Bësch geleeën. Et ass unzweifelhaft, datt et déi méi kleng Brak iwwer der kierzlech nees fräigeluechter Trap lénks uewen am Lager war. Déi aner Brak no beim Bësch hat mat 6 Modullen ëmmerhin eng Längt vun 19,8 Meter an huet wuel éischter als *Mannschafts- oder Verwaltungsbaracke* gedéngt. D'Brak mat 3 Modullen, riets vum ënneschte Wee, wär net grouss genuch gewiescht fir zwou Truppen a kéint eventuell d'*Waschbaracke* gewiescht sinn.

Rechne mer nach d'Brak ewech, déi lénks vum Huesepad geleeën huet an déi zwiwiellos als *Führebaracke* gedéngt huet, da bléiwen nach 6-7 Brake fir Wunnzwecker iwwer: 5 mat 6 an 2 mat 8 Modullen, zesumme 46 Modullen. Wann ee weess, datt an zwee zesummegefaasste Module standardméisseg 8-10 Persounen (1 Trupp) gepasst hunn, da wär et mat deene 6-7 als *Wunnbraken* identifizéierte Brake gutt duer gaangen, fir op di presuméiert Kapazitéit vun 200 Aarbechtsmänner (oder 23 Truppen) ze kommen.

LIEWEN AM LAGER AN ZWECK

Den typeschen Dagesoflaf an engem RAD Lager war am Minuttentakt bis an de leschten Detail festgeschriwwen. Dem *Aarbechtsmann* ass kaum Zäit fir sech selwer gelooss ginn. Souguer seng Fräizäit war gréisstendeels am Grupp organiséiert.

Och Schraasseg hat e feste Programm, deen all Dag strikt agehale gouf. Dem Loutrenger Peter Klein verdanke mir eng detailléiert Beschriewung, déi een am Buch *Die Gemeinde Schüttringen* noliese kann¹ an déi mir hei drënner schematesch zesummegefaasst hunn.

Dobäi fält op, datt entgéint deem wat een sech ënnert dem Numm Aarbechtslager virstellt, net wierklech rieds

6-6:30	Wecken, dann eine halbe Stunde Waschen, Anziehen, Bettmachen und Putzen
6:30	Appell auf dem freien Platz vor dem Speisesaal, anschließend Frühstück
7:00	Aufstellung in vier Züge und singend zum Exerzierplatz marschieren (Üben von Gleichschritt, Kopfbewegung und Strammstehen, Spatengriff, u.ä.)
11:30	Antreten zum Tagesrapport ... dann ... Mittagessen und -pause
14:00	Zuweisung der Arbeiten im Lager je nach Handwerk und Beruf der Arbeitsmänner (Wege ausbessern, kehren und fegen, Reparaturarbeiten)
18:00	Abendessen, danach Spatenblankputzen und Stubenreinigen
20:00	Zapfenstreich mit Stubenabnahme

geet vu gréisseren Aarbechtsofträg², déi vum Schraasseger Lager realiséiert gi wäeren. Am Ufank, also Enn 1941 bis Enn 1942, ware wuel d'Lager selwer an dat zu Mutfert niewendrun déi eenzeg Chantieren, op deene geschafft ginn ass. Bis déi opgericht waren, ass kaum nach Zäit fir aner Ofträg bliwwen. Dat ass awer net weider verwonnerlech, wann een sech ukuckt, wat de Sënn an Zweck vum RAD an senge Lageren dem Gesetz vun 1935 no waren. D'Lëtzebuerger konnten et schwaarz op wäiss an der Press noliesen:

*Der Reichsarbeitsdienst hat zwei Aufgaben: Arbeit am deutschen Menschen und Arbeit am deutschen Boden. [...] Der Reichsarbeitsdienst soll die deutsche Jugend im Geiste des Nationalsozialismus zur Volksgemeinschaft und zur wahren Arbeitsauffassung, vor allem zur gebührenden Achtung vor der Handarbeit erziehen. [...] Erst die Achtung vor der Handarbeit und somit vor dem deutschen Arbeiter überwindet die Klassengegensätze und legt somit den Grundstein zur Volksgemeinschaft.*³

Am Kader vun dëser sou genannter *Handaarbecht* gouf planéiert, dréckegeluecht, Waasserleitung gezwungen an doriwwer eraus, mat der Zäit ëmmer méi, exerzéiert. Am Fong kann ee soen, datt séier quasi all Aktivitéiten am Lager op e militäreschen Drill erausgelaft sinn. Di haart Aarbecht mam Spuet a schwéierem Leem huet dozou gedéngt, de Kierper staark ze maachen. D'Schaffen am Buedem matten an der Natur stoung doriwwer eraus symbolesch fir d'Verbondenheet mat der Heemecht, sou wéi d'Nazien se definéiert hunn. An de PATEL geet nach e Schrëtt méi wäit wann e schreift:

¹ Marc TROSSEN, 2005, S. 286.

² Obwuel nach am Dezember 1941 rieds war vum Asaz vu 6 RAD Lagere beim Verleeën vun de Leitunge fir eng zentral Waasserversuergung am Land (LW, 11.12.1941, S. 4: Die wasserwirtschaftliche Aufbauarbeit in Luxemburg)

³ ET, 1941-04-02_p3: Der Reichsarbeitsdienst, Ziel und Aufgabe des Reichsarbeitsdienstes I. (Num. BNL)

Letztlich verbarg sich hinter dem Naturbezug die nationalsozialistische Blut- und Boden-Ideologie mit ihrem Rassismus.¹

D'Erzéiung am Geescht vum Nationalsozialismus, Indoktrinierung, paramilitäreschen Drill an déi kollektiv Disziplin waren déi méi wichteg Ziler déi hei verfollegt gi sinn. D'Aarbecht u sech war méi Mëttel wéi Zweck, sou wéi de Spuet méi Gewier war wéi Aarbechtsgeschier. Mam Spuet ass exzerziert ginn, grad wéi mam Gewier.



“Den Spaten - über!” Extrait vun engem Panneau an der RAD-Brak am Freilichtmuseum Roscheider Hof zu Konz/Tréier. (Archiv CV)

An enger Emissioun vu Radio Diddeleng beschreiw Jos WEYRICH a Jos BENOIT d'Liewen am Lager als een eenzegt Brëllen a Strizen, mam Zil dat Perséinlecht ze zerstëieren, *de Respekt virun sech selwer auszuschalten fir dass et spéider un der Front nëmmen nach e wëllelosen, bestialesche Gehorsam sollt ginn, all Befehl auszuföhren a rücksichtslos ze muerden an an den eegenen Doud ze rennen.*²

Ee vun de wuel wichtigste Momenter am Lagerliewen, och zu Schraasseg, war d'Veereedegung.



Veereedegung vun den Aarbechtsmänner, den 8. Mee 1942, um Appellplatz am Schraasseger Lager. (Archiv M. Folschette)

De Jempy Glesener, dee vun Abrëll bis November 1942 zu Schraasseg am Lager war, huet di folgend Anekdot dorwäert geschriwwen:

Die Verteidigung nahte. Kurz vor dieser unangenehmen Begebenheit, die zu einem Prunkereignis im Lagerleben werden sollte, gingen drei Luxemburger RAD-Männer flüchtig. Sie wurden nie wiedergesehen. Die Lagerführung geriet in furchtbare Aufregung. Der Klamauk im Lager war dementsprechend. Bei der Verteidigung standen die Luxemburger mit steinernen Gesichtern am Appellplatz. Nur wenige Deutschgesinnte sprachen die Eidesformel mit. Die anderen bewegten die Lippen kaum und murmelten grausame Flüche auf Großdeutschland und den Antichristen aus Braunau. Doch nun hatte sich die Lage der Dinge geändert. Der "heilige Fahneneid" war geleistet. Wer stiften ging, wurde zu Freiwillig und musste mit den schärfsten Maßnahmen des Sondergerichtes rechnen.³

Wat de Krich méi al an d'Verloschter un Zaldote méi grouss gi sinn, wat och den Drock op d'Arbeitsmänner, sech fräiwëlleg an d'Wehrmacht ze mellen, méi grouss ginn ass.

Sou krut d'Lager progressiv ëmmer méi d'Funktoun vun engem reng militäreschen Trainingscamp. De Wee vum RAD an d'Wehrmacht gouf fleissend, a vill Lëtzebuerger aus de spéidere Joergäng sinn nom RAD guer net méi heem gelooss ginn. Si sinn, ouni Iwwergang, direkt als Zaldoten an de Krich gezwonge ginn.

DE KONTAKT MAT DER AWUNNERSCHAFT VUN DER GEMENG SCHËTTER

Den RAD-Standort Schraassig war den 21. Juli 1942 beim Dorfgemeinschaftsabend vun der VdB (Volksdeutsche Bewegung) gutt vertrauten an huet, wéi den Ortsgruppenleiter geschriwwen huet, de musikaleschen an ënnerhaltenden Deel vum Owend mat éischtklassege Kënschtler gemeeschtert. Dobäi war de Bauernführer iwwerhaupt net do an de Buergermeeschter huet sech am Hannergrond verstoppt.⁴

Nodeems d'RAD Lager bis funktionéiert huet, huet et sech awer bewosst vun der Noperschaft ewech gehalen. Am Géigesaz zu de Maidenlager, déi de Leit dobaussen – op d'mannst emol am Ufank – hir Dénkschter ubidde wollten, hunn di männlech RAD Lageren sech éischter ofgeschott a probéiert autonom ze funktionéieren. Ausser Familljememberen, déi hir Jonge konnte besiche kommen, hat kaum ee vun den Awunner Zougang zum Lager,

¹ Kiran Klaus PATEL 2003, S. 217.

² Diddeleng a schwéierer Zäit, D'Geschicht vun der Lëtzebuerger Jugend am 2te Weltkrich. (Cf. de Site vun Ons Jongen a Meedercher: EDF Dudelange)

³ Jean-Pierre GLESENER (Cf. <http://www.ons-jongen-a-meedercher.lu>).

⁴ Marc TROSSEN, 2005, S. 262.

sou datt et och ëmmer schwéier war een ze fannen, deen eppes dovun konnt erzielen. Fir net op Handwierker vu baussen, a scho guer net op Lëtzebuerger, ugewisen ze sinn, ass ëmmer versicht ginn, ënner den Aarbechtsmänner déi erauszefannen, déi en Handwierk geléiert haten. Dat war zum Beispill de Fall vum Jemmy Glesener:

Sechs Monate, bis zum Oktober 1942, sollte der RAD-Zauber in Schrassig dauern. Das war doch eine lange Zeit. Jemmy gedachte sich, das harte Drill- und Arbeitsleben leichter zu gestalten. Da wurde im Lager ein Schuster gebraucht. Jemmy, der Sohn eines braven Rümelingen Schuhmachermeisters, meldete sich sofort. Das ergab einen schönen Druckposten. Jemmy verstand zwar nicht sehr viel von der Schusterei, aber er blieb abgestellt von schwerer körperlicher Arbeit, hatte Zusatzverpflegung wie das Stammpersonal und konnte das Lager nach Bedarf verlassen¹.

Wann d'Aarbechtsmänner mol an der Ëffentlechkeet opgetaucht sinn, da war dat als Statisten oder Musikanten bei den opgeblosenen nationalsozialistesche Feierlechkeeten a bei de "Grousse" Rieden, mat deenen de Gauleiter sou gäre virun d'Vollek getratt ass.



Foto vum Generalappell vun der VdB an de Lampertsbierger Foireshalen, den 30.08.1942 (Source: Tb_1942.08.31, S. 1). (Num. BNL)

Am 30. August 1942 war auch die RAD-Abteilung Schrassig zur VDB- Großkundgebung nach Limpertsberg abkommandiert. Spaten und Lederzeug glänzten wie noch nie. Zur Ausgehuniform trugen die Männer als Kopfbedeckung nicht das gewohnte „Schiffchen“, aber die seltsame RAD-Galamütze, die man despektierlich „A ... mit Griff“ nannte. Die Schrassiger RAD-Männer saßen mit ihrer Abteilungsfahne an ziemlich exponierter Stelle. Als der Gauleiter die Verordnung über die Wehrpflicht verkündete, kochte der Zorn in den Gemütern der jungen Luxemburger hoch. Doch was sollten sie tun? SA-Männer, die in der Nähe saßen und für den

Ordnungsdienst sorgten, fassten den RAD-Trupp ins Auge und rückten drohend die Uniformkoppel.²

Et ass versicht ginn di eegen Ziler no Méiglechkeet als autonom Unitéit, ofgeschott vu friemen Aflëss, ze erreechen. D'Aarbechtsmänner hunn sech wuel mol an hirer Fräizäit am Café kënnen ophalen, hunn och di eng oder aner Aarbecht fir d'Gemeng erleedegt, awer dat war dach éischter rar oder mol en eenzelen Handwierker, wéi am Fall vum Schräiner Peter Klein, deen d'Klappluede vun der Schëtter Schoul reparéiert hat.³



Groussasaz vum RAD no de Bombardementer zu Bouneweg an Hollerech, den 9. an 11.05.1944, duerch di Alliéiert. (Photothèque VdL, 1940-45-0032-5585)

Eng Ausnam gouf et allerdéngs, dat war wéi den 9. an den 11. Mee 1944 zu Bouneweg an um Houwald di alliéiert Bommen ageschloen haten. Do sinn d'RAD Lageren aus dem ganze Land mat ugetratt fir d'Debrisen ewechzeräumen.⁴

D'Awunner aus der Gemeng, hirersäits, konnte mat deem Lager och net vill ufänken. Dem *Arbeitsdienst* géintiwier haten si sech vun Ufank un éischter *rebellesch* verhalten. Deen éiergäizegen Ortsgruppenleiter Batty T. konnt dovun e Liddche sangen⁵ :

Nom Opruff vum Gauleiter fir de Fräiwëllege Bäitritt an den *Arbeitsdienst* konnt hie just 3 Jongen aus senger Ortsgruppe an d'Stad mellen. An zwar waren dat säi Jong de Michel, e Knecht vu Schëtter an den R. B. vu Mënsbech. Vun de Meedercher hat sech, zum Batty sengem gréissten lenger, guer keent gemellt.⁶

An och am Schloss zu Mënsbech war hie vun der Madame ZENDER ofgewise ginn, wéi hien, nom Aféiere vum obligatoresche *Reichsarbeitsdienst*, den 23. Mee 1941, no Raimlechkeete fir den RAD gefrot hat. Eréischt no laange

¹ Jean-Pierre GLESENER (idem).

² Jean-Pierre GLESENER (idem).

³ Marc TROSSEN, 2005, S.287.

⁴ Marc TROSSEN, 2021, S. 298, kuck och d'Artikelen am LW an am ET, vum 10.-13.05., 1944.

⁵ Marc TROSSEN, 2005, S. 243-261.

⁶ Marc TROSSEN, 2005, S.243.

Verhandlungen an dem néidegen Drock, hat e schliisslech 5 Zëmmeren am Schlass zougestane kritt. Hei sinn dunn déi Däitsch ënnerbruecht ginn, déi di Lëtzebuerger gezwongen Aarbechtsmänner bei den Opbauarbechte vum Lager encadréiert hunn.

Wat de Batty ëmmer gewuermt huet, war, datt d'Leit an de Geschäfte, op der Strooss, am Zuch, asw. ëmmer nach mat „Moien“ gegréisst hunn. Der *Kreisleitung* an der Stad huet hien d'Beispill vun enger Joffer gemellt, déi an enger Wiertschaft zu Mënsbech mat „Gudden Owend“ gegréisst hätt, obschonn eng Rei Politesch *Führer* an och RAD-Männer dobanne gewiescht wäeren.

An da gouf et jo och nach dat berüümten Ofbrenne vum Gemengenhais zu Schëtter, allgemeng vun de Schëtter Leit als *Reichstagsbrand* bezeechent. War et ee Sabotage géint *Volkstumkartei* oder war et de Versuch, fir de Bierger aus der *Ortsgruppe* hir Gebuertsschäiner ze zerstëieren an den Däitschen domat d'Anzéie vun der Duerfjugend an den RAD an duerno vläicht och nach – wéi allgemeng gefaart – an d'*Wehrmacht* ze erschwéieren?

Wat de Batty reegelrecht op de Bam gedriwwen huet war, datt esou vill Jonker aus senger Gemeng sech och dunn nach virum RAD gedréckt hunn, wéi e schonn obligatoresch gi war an datt se all méiglech Ursachen erfondt hunn, fir net bräichten do unzetrieden. Dobäi koum och nach, datt beim Sammele fir d'*Winterhilfswerk* seng *Ortsgruppe* dat schlechteste Resultat aus dem ganzen Distrikt Lëtzebuerg virzeweisen hat.

Aus dëser Stëmmung eraus, war et net weider verwonnerlech, dass gläich vu Mord geschwat ginn ass, wéi de 24. Februar 1944, moies ëm 7 Auer 30, an engem Gruuf op der Haaptstrooss virum Haus Nr. 57 zu Mënsbech e Mann dout opfonnt ginn ass. Wéi sech erausgestallt huet, war et den *Abteilungsmonteur* aus dem RAD-Lager Schraasseg, de 47-järegen Anton Johann JECKEL, gebuer zu Euren/Tréier. D'Gestapo huet enquêtéiert. Glécklecherweis ass awer séier op d'Tapéit komm, datt de JECKEL nawell ganz gären e Patt ze vill geschluppt huet an et gouf ugehall, hien hätt nees eng am Bee gehat, wéi en sech an de Gruuf geluecht hat, an e wär do erfuer. Dëser Logik konnt och den *Unterfeldmeister* Gert Thomé sech net entzéien an huet schliisslech den Dout als *Erfrierungstod* bezeechent. Dobäi ass et och du bliwwen.

OFSÉCHERUNG VUM LAGER

Och wann an der Entrée vum Lager ëmmer een Aarbechtsmann beim Haische stramm stoung fir Wuecht ze halen, war dat éischter fir ze verhënneren, datt Friemer an d'Lager kéimen. D'RAD Lageren, besonnesch am Altreich an an de besaten Nopeschlänner, haten normalerweis kee pickegen Drot oder soss Ofgrenzungen, fir ze ver-



Virun der Brak, riets an der Entrée vum Lager, stoung ëmmer en Aarbechtsmann mam Spuet op der Schëller beim Haischen fir Wuecht ze halen. (Archiv Gemeng Schëtter)

hënneren, datt Aarbechtsmänner géinge fortlafen. Et ass sech do drop verlooss ginn, datt den Equipageesch an dat deeglecht Zesummeliewen an enkem Kontakt, no enger gewësser Zäit vun Indoktrinierung, schonn derfir géinge suergen, dass keen sech deem géif entzéien. A wann dach een dat sollt maachen, war et vun de Cheffen am Lager ëmmer gäre gesinn, wann et vun den anere gemellt ginn ass. Trotzdeem gouf et esou Fäll, grad vu Lëtzebuerger, déi jo méi no doheem waren an doduerch méi Leit kannt hunn, déi hinne gehollef hunn.

Zwee gutt Beispiller dofir sinn de Raymond GRÉGOIRE, gebuer den 7.7.1921 zu Diddeleng an de Jean GREMLING, gebuer den 13.09.1921 zu Athus, aus der Stad Lëtzebuerg. Di zwee ware fir Abrëll 1942 op Schraasseg agewise ginn, sinn awer schonn den 19. vum selwechte Mount vun do fortgelaf. Di éischt Nuecht kruten si Hëllef beim Leidelenger Paschtouer (Abbé Mathieu). Den Dag drop hunn hir Weeër sech getrennt. De Raymond GRÉGOIRE konnt 14 Deeg bei der Famill GUELFF zu Bieles ënnerdauchen. Dono war e bis Januar 1943 bei sengem Eedem Albert WEBER- GRÉGOIRE a vun do u bis zum Enn vum Krich bei enger anerer Schwëster Mme STEINFORT-GRÉGOIRE verstoppt.¹

De Jean GREMLING, sengersäits, war gläich den zweeten Dag no senger Flucht fir eng Nuecht beim Albert WEBER-GRÉGOIRE ënnerkomm. Dono huet hien ëmmer nees gewiesselt tëschent Esch/Uelzecht, Diddeleng, Rodange, Käerjeng, Stroossen, Lëtzebuerg, Bartreng, Suessem, asw. wou hien ëmmer Leit fonnt huet, déi e verstoppt hunn. Aus enger vun dëse Familljen, der Famill BACKES-JAMINET, sinn, während der Zäit wou de Jean GREMLING do verstoppt war, den Här an d'Madame deportéiert ginn an ee Fils, de Jacques BACKES, vun den Däitsche festgehall ginn.² Och den Albert WEBER gouf de 25. Juni 1943 mat senger Famill deportéiert.

¹ GRÉGOIRE Raymond (Cf. <http://www.ons-jongen-a-meedercher.lu>).

² Jean GREMLING (idem).

ENN VUM SCHRAASSEGER RAD LAGER

De Weekend vum 19. Februar 1944 konnt den *Abteilungs-führer, Oberstfeldmeister* Kamp, seng Aarbechtsmänner no 6 Méint RAD am Schraasseger Lager nach mat enger pompöser *Entlassungsfeier* aus dem RAD entloossen an si opfuerderen, grad esou gutt Zaldoten ze ginn, wéi se wël-leg RAD Männer gewiescht wären.¹

E puer Méint drop, den 1./2. September 1944, wéi d'Ame-rikaner kuerz virun der Lëtzebuerger Grenz stoungen, war esou eng Feier net méi méiglech. Do huet et stënterlech geheescht, d'RAD Lager Schraasseg géing ofgebrach an op Schoden-Ockfen bei Tréier transferéiert ginn. D'Aar-bechtsmänner sinn opgefuerdert ginn, op der Dot hir Saachen ze paken an sech fir d'Ofmarschéiere bereet ze halen.

Dat war de Moment wou wéinstens 29 RAD-Männer fort-gelaf sinn. Si wousste jo wat hinnen an Däitschland géing bléien: Datt si do direkt an d'*Wehrmacht* géinge gestach ginn. E puer vun hinnen hunn hir Flucht schrëft-lech dokumentéiert, dorënner och déi 3 Loutrenger Pierre KLEIN vu Vahl-les-Faulquemont, Paul LIEUGAUT vu Morhange an Emile LAGUERRE vun Audun-le-Tiche. Hir détailléiert a ganz spannend Temoignage kann een noliesen am hei scho vill zitéierte Buch *Die Gemeinde Schüttringen* vum Marc TROSSEN.²

Awer net vun allen ass gewosst, wat aus hinne ginn ass. Als Beispill sief hei d'rätselhaft Schicksal vum André Gabriel SCHAEFFER, gebuer den 18. November 1927 zu Wisches (Bas-Rhin), Wunnuert: Basse-Yutz (Moselle), uge-féiert. Deen RAD-Mann war den 18. Juli 1944 agezu ginn, huet den 8. August 1944 sengen Elteren e leschte Brëf geschriwwen an zwar aus dem RAD-Lager vu Schraasseg „Abt. 3/240 Schuttringe“. Sätdeem gëllt hien als vermësst. War dee Jong zu Schraasseg am Lager ugedréckt, ge-schnaapt a vun de „Kettenhënn“ erschoss ginn? Datt hien direkt an d'*Wehrmacht* gepresst gi wär, hätt normaler-weis WAST-Berlin, d'Archiv vun der Wehrmacht, ons soe kënnen. Déi wëssen awer näischt vun him. Säin Doud ass och net an den Archiven vun der Gemeng Schëtter oder Lëtzebuerg vermierkt. Dem André Gabriel säi Wee ab Schraasseg bleift ongekläert, sou wéi och den Uert, wou hie gestuerwen ass.³



Aarbechtsmänner beim Uleeë vun der Weeër an den Alentouren tëschent de Braken. (Archiv M. Folschette)



Aarbechtsmänner am Drillech prouwe fir hiren Optrëtt bei iergendenger Großkundgebung vum Gauleiter oder der VdB. (Archiv M. Folschette)



Den 8. Mee 1942: Morgenappell bei déckem Niwwel op der fräier Plaz viru der lessbrak (Archiv M. Folschette)

¹ LW, 21.02.1944, S. 4: RAD-Entlassungsfeier in Schüttringen.

² Marc TROSSEN, 2005, S. 286-287 (KLEIN), S. 288, 439 (LIEUGAUT) a S. 289-291 (LAGUERRE).

³ Korrespondenz vun der Famill BELIN-SCHAEFFER vu Semur mam Marc TROSSEN.

Source: *Médaille de la Reconnaissance Nationale (CDREF)*

Nr.	Name und Vorname	Geburtsdatum	Geburtsort	Adresse während des Krieges	Adresse 1968	RAD in	RAD von ... bis	Wehrmacht/desertiert/ Gefangenschaft/versteckt
1.	Bellion Roger	1920, 21.04.	Düdelingen	Dudelange, r. Adolphe 29	Id.	Schüttringen	07.10.41-31.03.42	07.12.42-1944, desertiert, versteckt 3½ Monate
2.	Berchem Michel	1920, 26.11.	N.-Wiltz	N.-Wiltz, r. du Pont 58	rte de Noertrange 50	Schrassig	06.10.41-30.03.42	07.12.42-08.08.1943, Russland, desertiert, versteckt 6 + 6 Mo.
3.	Berend Eugène	1921, 31.01.	Düdelingen	Id., r. Adolphe 39	Id., Cité A. Meyer 7	Schrassig	18.04.42-30.09.42	-01.43 bis -04.44, Russland, Wehrkraftz., Gefängnis, KZ
4.	Bissen Raymond	1922, 12.11.	Petingen	Id., r. du Parc 41	Id.	Schrassig	18.04.42-18.09.42	12.10.42-02.10.43, Russland, desertiert, versteckt 11 Monate
5.	Bley René	1920, 18.10.	Kayl	Id., r. du Moulin	Id., r. Notre Dame	Schrassig	-10.41 bis -03.42	-10.42 bis -10.43, desertiert, versteckt 11 Monate
6.	Boehm Charles	1921, 24.07.	Diekirch	Differdingen, r. du Marché 13	Niederborn, r. des Ecoles 54	Schüttringen	16.04.42-26.09.42	16.10.42-13.01.44, Russland, desertiert, versteckt 8 Mo.
7.	Clemens Charles	1920, 07.03.	Remich	Id., rue Macher	Luxbg, av. G. Diderich 175	Menningen Schrassig	07.10.41 bis -04.42	-01.43 nur 8 Tage, desertiert, versteckt (kurz), LVL
8.	Deckenbrunnen Emile	1922, 17.04.	Wiltz	-	Wiltz	Schrassig	-04.42 bis -09.42	-09.42 bis -09.44, Russland, desertiert, versteckt 3 Tage
9.	Deiskes Hubert	1920, 11.12.	Kayl	Kayl, rue de l'Eglise	Kayl, AL-Scherr 13	Schrassig	07.10.41-01.04.42	18.10.42-21.11.43, Russland, desertiert, versteckt 10 Monate
10.	Diederich Eugène	1920, 30.10.	Auboué (F)	Sassenheim	Differdingen r. Pütz 2	Schrassig	-01.42 bis -03.42	-12.42 bis -04.45, KG (US)
11.	Diederich Mathias	1920, 19.10.	Strassen	Strassen	Id., rte d'Arton 70	Menningen Schrassig	06.10.41-01.04.42	06.12.42-01.09.44, desertiert, versteckt 9 Tage [R. Gallion]
12.	Edinger Aloyse	1921, 20.06.	Niederborn	Differdingen, Wangertsstr. 9	Id., Gardestross 8	Schüttringen	-02.42 bis -08.42	-10.42 bis -11.43, Russland, desertiert, versteckt 11 Monate
13.	Ehses Nicolas	1920, 19.04.	Schiffingen	Id., r. des Aulnes 98	Düdelingen, r. de Zoufftgen 87	Schrassig	07.10.41-30.03.42	18.10.42-17.06.44, Russland
14.	Eichhorn Fernand	1920, 27.09.	Algrange	Obernborn, r. Prince Henri 83	Differdingen, av. Lib. 5	Menningen Schüttringen	07.10.41-31.03.42	-10.42 bis -01.44, desertiert
15.	Eifes Aloyse	1921, 29.08.	Wickringen	Ettelbrück, Gr-rue 3	Id.	Schrassig	-03.42 bis -09.42	07.12.42-23.05.45, KG (F)
16.	Emeringer Jean	1922, 27.01.	Lorentzw.	Heisdorf, r. d. Diekirch 9	Walferdingen, r. des Sources 3	Bettemburg	06.04.42-01.10.42	18.10.42-29.04.43, desertiert, versteckt 9 Monate
17.	Ewen Jean-Pierre	1921, 24.03.	Kopstal	Kopstal, Bridelerweg	Id., r. de Mersch 50	Oetringen = Schrassig	18.04.42-27.09.42	18.10.42-09.09.43, Russland, desertiert
18.	Ferring Félix	1920, 08.08.	Niederborn	Niederborn	Niederborn	Schrassig	07.10.41-28.03.42	15.04.43-13.10.43, desertiert bis 12.09.44
19.	Flammang Jean	1921, 27.01	Düdelingen	Id., r. de la Fontaine 63	Id.	Schüttringen	-04.42 bis -08.42	18.10.42-20.09.44, versteckt 0 + 8 Monate, KG Belgrad
20.	Flener François	1920, 15.03.	Mamer	Bartringen, r. de la Gare	Strassen, r. des Romaines 178	Schrassig	17.04.42-26.09.42	06.12.42 bis -05.44, KG (England)
21.	Folschette Marcel	1921, 20.09.	Hesperingen	Mensdorf	Mertert, rte de Wasserbillig 7	Schrassig	18.04.42 bis -	10.10.42-30.01.43, verwundet, versteckt 19 Monate
22.	Frost Martin	1921, 13.02.	Redange/F.	Beles, r. d'Obernborn 80	Id.	Schüttringen	17.04.41-10.11.41	16.04.43-04.11.45, Russland, KG (Russland)

Nr.	Name und Vorname	Geburtsdatum	Geburtsort	Adresse während des Krieges	Adresse 1968	RAD in	RAD von ... bis	Wehrmacht/desertiert/ Gefangenschaft/versteckt
23.	Gleis Paul	1921, 12.10.	Hollerich	Ulfingen	Bettembg, r. Sigefroi 44	Schrassig	-04.42 bis -09.42	-01.43 bis 45, Russland, Balkan, KG (Österreich)
24.	Glesener Jean-Pierre	1921, 06.08.	Rümelingen	Id., r. St. Sébastien 3	Id., r. J.P. Bausch 18	Schrassig	-04.42 bis -09.42	-10.42 bis -01.43, Russland, desertiert, Hinzert, KG (Cherbourg)
25.	Gilbertz Jean	1922, 19.07.	Bettemburg	Roeser	Düdelingen, r. de l'Eau 9	Schütteringen	15.04.42 bis -10.42	-04.43 bis -09.43, versteckt 12 Monate
26.	Gronimus Michel	1921, 25.07.	Schiffingen	Id., r. Mayrisch 40	Esch/A., r. Th. de Wacquant 50	Schrassig	17.04.42-26.09.42	18.10.42-15.02.44, Russland, versteckt 7 Monate
27.	Grégoire Raymond	1921, 07.07.	Düdelingen	Id., r. Schiller 35	Esch/A., r. Patton 23	Schütteringen.	April 1942	Desertiert vom RAD, versteckt 29 Monate
28.	Greiveldinger Eugène	1921, 25.12.	Düdelingen	Id., Gare Usine 79	Id., r. de Zoufftgen 39	Schrassig	-03.42 bis -09.42	-10.42 bis -02.44
29.	Gremling Jean	1921, 13.09.	Athus	Strassen, rte d'Arlon 153	Luxbg, av. de la Liberté 22	Schrassig	Einige Tage April 1942	Versteckt während 29 Monaten (im Inland)
30.	Grethen Henri	1921, 21.09.	Aspelt	Aspelt	Rodange, rte de Longwy 62	Schrassig Bettemburg	17.04.42-26.09.42	-10.42-15.07.43, versteckt 14 Monate
31.	Grethen Robert	1921, 30.08.	Düdelingen	r. Emile Mayrisch, 31	r. Ste Barbe 120	Schrassig	18.04.42-28.09.42	18.10.1942-19.04.1944, Russland, versteckt 4 Monate
32.	Gudendorf Pierre	1921, 03.10.	Mondorf	Altwies	Bech-Kleinmacher	Schrassig	18.04.42 bis 09.42	18.10.42-16.06.43, versteckt 15 Monate
33.	Hoesdorff Albert	1920, 14.07.	-	Fouhren	Hesperingen, rte de Thionville 354	Schrassig	10.04.42-01.10.1942	01.04.42-01.06.44, Russland, desertiert, versteckt 4 Monate
34.	Ihry Edmond	1922, 11.12.	Schiffingen	Schiffingen, r. Bel/Air 26	Id.	Schütteringen.	-04.42 bis -09.42	-11.42 bis -10.43, Russland, versteckt 2 + 10 Monate
35.	Majerus Jean	1922, 23.02.	Fingig	Clemency	Lamadelaine, r. des Prés 10	Schütteringen	-04.42 bis -10.42	-10.42 bis -05.45, desertiert in Jugoslaw. (Partisan/Tito)
36.	Morbus Emile	1921, 13.03.	Audun-le-T.	Bettemburg	Born/Sauer	Schrassig	18.02.42-20.09.42	18.10.42-24.12.44, Russland, Wkz., Strafk., KG (Frankr.)
37.	Morn Jean	1922, 11.02.	Chicago	-	Ulfingen, Gr-Rue 19	Schrassig	-04.42 bis -09.42	-10.42 bis -03.44, Russland, desertiert, versteckt 1+6 Monate, 1941: KZ Hinzert (2 Monate)
38.	Palgen Pierre	1921, 24.07.	Wormeldigen	-	Beles, Chemin Rouge 132	Schrassig	-05.42 bis -10.42	06.12.42-20.12.43, Russland, desertiert, versteckt 11 Monate
39.	Reuter Paul	1921, 12.05.	Düdelingen	Id., rue de la Paix 85	Id., r. R. Schuman 33	Schütteringen	18.04.42-28.09.42	18.10.42-30.08.44, Russland, desertiert, versteckt 1 Monat
40.	Schadeck Jean	1922, 23.09.	Hesperingen	Id., rte de Thionville 412	Id.	Schrassig	18.04.42-01.10.42	17.10.42-01.04.44, Russland, desert., versteckt 5 Mo., LRL
41.	Schiltz Aloyse	1921, 22.08.	Bascharage	Esch/A., r. Neuve	Pontpierre, r. d'Esch 21	Schütteringen	17.04.42-26.09.42	08.12.42-16.03.45, desertiert
42.	Schortgen Pierre	1922, 11.01.	Martelingen	Esch/A.	Monnerich, cité Molter 28	Schütteringen	17.04.42 bis -09.42	06.12.42-06.05.1943, desertiert, versteckt 6 Monate
43.	Schuller Nic.	1922, 10.02.	Düdelingen	Id., rue de Luxembourg	Id., r. Bessemer 8	Schütteringen	-05.42 bis -09.42	18.10.42-31.05.45, Russland, KG (Neustadt; 2 Monate)
44.	Storck Charles	1921, 28.04.	Sandweiler	Sandweiler	Beggen, r. J.B. Nothomb 4	Schrassig	28.04.42-26.09.42	18.42-25.12.43 Russl., desertiert, versteckt 9 Monate
45.	Wagner Mathias	1921, 28.02.	Lieler (Clerf)	Bettembg, r. des Prés 12	Bettembg, r. du Parc 10	Schrassig	-02.42 bis -07.42	-10.42 bis -06.44, desertiert, versteckt 15 [?] Monate

Bemerkungen:

Menningen läit nümme 7 km vun lechternach ewech.

Ad Versteck-Zeit: Um Virdrock war d'Zäit anzesetzen, déi den Zwangsrekrutierte verstoppt war an zwar souwuel am Inland wéi och am Ausland. Steet hei, wéi an de meeschte Fäll, just eng 2, dann heescht dat, dass de jonke Mann 2 Méint zu Lëtzebuerg verstoppt war. Et fällt op, dass eng grouss Ziel vun Zwangsrekrutierten grad no engem Krankecongé desertiert oder ënnergetaucht sinn. Dobäi ass ze bemierken, dass et sech hei nëmmen em d'Joergäng 1920-1922 handelt, déi nach Fronturlaub kritt hunn. Fir di Joergäng duerno gouf dat ëmmer méi schwéier. Nom 10. September 1944 war et guer net méi méiglech Heimurlaub ze kréien, well Lëtzebuerg du scho befreit war. Et war an der Wehrmacht souwiesou gewosst, dass vill Lëtzebuurger aus hirem Genesungs- oder Fronturlaub net méi bei hir Trupp zrëckkomm sinn. Dofir ass hinnen an der Regel all Erholungsurlaub refuséiert ginn.

Offizierungen: Wkz: Wehrkraftersetzung

KG = Kriegsgefangenschaft

VERSCHIDDEN ANER QUELLEN

Nr.	Name und Vorname	Geburtsdatum	Geburtsort	Adresse während des Krieges	RAD in	RAD von ... bis	Wehrmacht/desertiert/ Gefangenschaft/versteckt	Quelle
46.	Brandenburger Jos			Differdingen		1942 (Sommer)		Archive Camille Diedert, Noertzange
47.	Courte Michel	1920,04.03.	Neuhäusgen	Neuhäusgen	Schrassig	Sommer 1942	Ab 12.10.42. Mai 1943 im KZ Aschendorfermoor; † 30.01.45 in Sonnenburg (Slonsk)	Marc Trossen, Schüttringen, S. 309
48.	Dühr Marcel	1920,07.10.	Mertert	Mertert	Schrassig	07.10.41-30.03.42	† in Russland	Marc Trossen, Schüttringen, S. 285, 435
49.	Gangolf Marcel	1921,13.11.			Schrassig			ANL, CdZ, D-8: 002; Marc Trossen, Schüttringen, S. 285
50.	Gras Michel	1921,28.12.	Bissen		Schrassig	17.02.42 - 28.09.42	18.10.42-01.09.44	Albert Lambert, D'Gemeng Stengefort am 2. Weltkrieg, S. 269, 278, 286
51	Greis Nicolas	1921,27.12.	Godbringen (Mersch)	Düdelingen	Schrassig	17.04.42 - 05.09.42	18.10.42 - 09.05.45 Norwegen	
52.	Guillaume Jean-Pierre			Senningerberg	Schrassig	17.04.42 - 26.09.42	18.10.42-Frühjahr 44, desertiert, amerik. KG, Schottland, Brigade Piron	Emile Weber, „Schëtter Bud“, S. 44
53.	Hoffmann Marcel	1920,16.01	Kalborn		Meiningen, Schrassig(?)	01.10.41 - 31.03.42	18.10.42-10.09.44 desertiert und versteckt	Archiv Roger Gallion, Strassen (CDREF)
54.	Leider Marcel	1920,04.02			Schrassig			ANL, CdZ, D-8: 002; Marc Trossen, Schüttringen, S. 285
55.	Oster Charles	1920,15.08.	Tetingen ?		Schrassig			ANL, CdZ, D-8: 002; Marc Trossen, Schüttringen, S. 285

*Dëst Schëld huet iwwer dem Krichsgefaangenelager vu
Wolz gehaangen (Archiv MT)*



2. DEEL

INTERNÉIERUNGSLAGER FIR KOLLABO- RATEUREN, KRICHSGEFAANGENELAGER A SCHLISSLECH MILITÄRCAMP



*Milizmänner vun der UNIOUN mat gefaangene Wehrmachtzaldoten.
(Archiv UNIOUN; Foto vum Albert JACOBY, Ettelbréck)*

AFÉIERUNG

Bei der Liberatioun, den 10. September 1944, huet et am Grand-Duché un allem gefeelt. D'Land, dat 1939 nach 296.776 Awunner hat, huet während dem Krich seng Bevëlkerung op eng alarméierend Manéier gesinn ofhuelen. Lëtzebuerg war elo confrontéiert mat de Reparature vun de schreckleche Schied, déi d'Ardenne Schluecht am Norde vum Land hannerlooss hat. Zu gläicher Zäit hunn Industrie a Landwirtschaft misse redresséiert ginn, fir datt d'Bevëlkerung rëm konnt erniert ginn. Zu deem Moment, waren nach ongeféier 12.000 jonk Lëtzebuurger Zwangsrekrutéierter an der *Wehrmacht* oder als Fräiwëlleger an der englescher, amerikanescher, belscher, kanadescher oder souguer sowjetescher Arméi.

Méi wéi 4.000 Lëtzebuurger (1.138 Familljen) waren an Émsiidlungslageren an Däitschland verschleift ginn. E groussen Deel vun den 8.150 Männer a Fraen vu Lëtzebuerg, déi während dem Krich a Prisongen oder Konzentrationslagere gehait goufen, waren nach net befreit.¹

WOUHI MAT ALL DEENE NAZI-KOLLABORATEUREN ?

Mat dem Problem vum Feelen un Aarbechtskräften huet sech och de Problem gestallt vum Manktem un Internéierungs-Plaze fir déi vill Kollaborateuren, déi d'UNIO'N (Unio'n vun de Lëtzebuurger Resistenzler) an den éischten Deeg no der Befreiung verhaft hat.

Fir de Prisong am Gronn an déi aner Aushëllef-Prisongen, déi dacks iwwerbeluecht waren, ze entlaaschten, si vill Kollaborateuren am ale RAD-Lager zu Schraasseg, an der Schlassgewan, internéiert ginn. Iwwer dës Camp als Internéierungs-Plaz fir Nazien, ass leider wéineg bekannt. Mir wëssen z.B. bis haut nach net, wéini déi éischt Kollaborateuren do ukomm sinn a wéi vill et waren. Mëndlechen Aussoen no, waren et Lëtzebuurger *Milizionäre* vun der UNIO'N, déi fir d'éischt fir d'Iwwerwaachung vun de Gefaangenen am Lager gesuert hunn.²

Aus dëser Zäit kéinten eng amerikanesch Handgranat, e Chargeur vun engem Karabiner Winchester a Patroune stamen, déi nach viru kuerzem op dem Site vum Lager fonnt si ginn. Oder hunn déi Saachen amerikaneschen Zaldoten oder spéider do stationéiert Zaldoten vun der regulärer Lëtzebuurger Arméi gehéiert? Et ass effektiv

méiglech, datt déi eng oder aner amerikanesch Kompanie eng gewëssen Zäit an de Schraassegger Braken ënnerbruecht war. Et war och esou z.B. am ale RAD-Lager um Holleschbierg zu Hesper.³ Et gouf bemierkt, datt an deem Lager d'Bude schwéier vun den Amerikaner beschiedegt a souguer deels zerstéiert goufen.⁴ D'Amerikaner hunn sech wuel och eng Zäit am ale RAD-Lager zu Beetebuerg opgehalen. Eng Foto⁵ weist nämlech de Generol Georg S. PATTON mat dem Lt Colonel J.H. POLK an dësem Lager.



Jiddefalls konnt ee Méindes, den 23 Juli 1945 an der Tageszeitung Lëtzebuurger Wort liesen:

« Le Commissariat au Rapatriement communique que toutes les visites au camp d'internement de Schrassig sont interdites sauf les mardis et jeudis après-midi de 2 à 4 heures. Les autorisations sont délivrées au Commissariat de Rapatriement les mardis et jeudis matin de 8 à 11 heures. »⁶

Eng Woch duerno, nämlech den 30. Juli, huet D'UNIO'N zousätzlech bekannt ginn, datt allem Internéierten nëmmen ee mol an der Woch eng Visitt kënn zougestane ginn.⁷ De Redakter vun der selwechter Zeitung huet sech,

¹ LPPD Livre d'Or des Camps, S. 493 an Livre d'Or des Prisons, S. 667 an 668.

² Mill WEBER, Viirgeschicht zu der « Schëtter Bud », an: Harmonie de la Commune de Schuttrange 1908-1988, S. 43. Noriicht, déi de Jacques JOHN zu senger Liefzäit dem Marc TROSSEN ginn huet. Den JOHN, gebuer zu Rëmeleng, war am Krich FFI, « bataillon du Charollais, 3e compagnie » a Milizionär am Lager vu Schraasseg (Marc TROSSEN, Les Luxembourgeois en France, S. 248/Nr 56).

³ LW, 07.05.1949, S. 9.

⁴ Broschür Swift Hesperange, Inauguration Stade Holleschbierg 1999, S. 49.

⁵ E.T. MELCHERS, 1982, S. 115.

⁶ LW, 23.07.1945, p. 4.

⁷ D'Unio'n, 30.07.1945, S. 3.



Erëmfonntes (lénks: Schierbel vun engem Service a Munition aus dem RAD-Lager vu Beetebuerg; Mëtt: Schierbel aus dem RAD-Lager Schraasseg; riets: Chargeur vun engem US-Karabiner Winchester vum Camp Schraasseg).

net ouni Grond, e bëssche méi spéit geiergert, datt een de Kollaborateuren zu Schraasseg vill Faveure géif zougestoen, datt awer am Krich, vill Lëtzebuerger an de Nazien hire Prisongen e Martyrium hu missen erliden.¹

Den Delegéierte vum Roude Kräiz Jacques de CASTELLA huet, wéi mir nach wäerte gesinn, notéiert datt d'Krichsgefaangenelager vu Schraasseg [offiziell] am November 1945 opgaangen ass.²

Et sief bemierkt, datt am Lager, no de *Gielemännercher*, zäitweileg och vun den Nazien duerch ganz Europa verschleefte Leit (*displaced persons*) ënnerbruecht waren.

GEFAANGENER VUN DER WEHRMACHT AM LAGER ZU SCHRAASSEG

Wëll d'Feele vun Aarbechtskräften dem Land schwéier ze schafe gemaach huet, huet d'Lëtzebuerger Regierung bei dem SHAEF (*Supreme Headquarters Allied Expeditionary Force*) nogefrot, fir e puer dausend däitsch Krichsgefangener ze kréien, fir d'Land rëm opzebauen a fir dem Mangel u Personal an der Landwirtschaft entgéint ze wierken. D'Zuel vun den Aarbechter, déi an dëser Branche vun der Wirtschaft beschäftegt waren, hat zu Lëtzebuerg vun 2.500 am Joer 1942 op 185 um Ënn vum Krich ofgehol.³

De General-Quartier vun den Alliierten ass der Demande vun der Lëtzebuerger Regierung nokomm an huet versprach, 5.000 Männer aus de Gefaangenelagere vu Stenay a Mailly le Camp (Frankräich) ze liwweren. Et sief bemierkt, datt dës Zuel minim schéngt ze sinn, géigeniwwer den 3,8 Milliounen Prisonéier, déi an den amerikanesche Krichsgefaangenelagere waren. Dës Prisonéier si vum **1. September 1945** un a verschiddene Konvoien op Lëtzebuerg transportéiert ginn. Den 25. Februar sinn déi lescht 400 Krichsgefangener onsem esou schwéier gepréifte Land ausgelievert ginn. Et huet sech do haaptsächlech

ëm Zaldote gehandelt, déi vu Mäerz bis Mee 1945 an Däitschland gefaange goufen. Ënnert hinne ware keng Offizéier, wëll déi, der Genfer Konventioun no, net konnte an d'Aarbecht gezwonge ginn. D'Krichsgefangener si vun de Lëtzebuerger Autoritéiten am Lager zu Mutfert zesummegeféiert ginn a si vun do aus op d'Lageren an d'Kommandoe verdeelt ginn.⁴

ORGANISATION A VERANTWORTUNG BETREFFEND D'KRICHSGEFAANGENELAGER

- De Kommando vun der Arméi war responsabel fir d'Opsicht vun de Krichsgefaangenelagere, fir d'Disziplin an deene Lageren a fir d'Ausstellungsschäiner. E war och zoustänneg fir d'Eskortéiere vun de Gefaangenen op hir Aarbechtsplazen.
- De Generalkommissariat fir d'Rekonstruktioun vum Land war beoptraagt mam Bau an der Verwaltung vun de Lageren souwéi mam Asaz vun engem Deel vun de Prisonéier fir den Opbau vum Land.
- Den Akerbau- a Wäibauministère huet ongeféier 2/3 vun alle Krichsgefangener zu Lëtzebuerg beschäftegt. En Dénsgscht fir Krichsgefangener ass an dësem Ministère ageriicht ginn. Dohin hunn d'Bauern iwwer d'Gemengen hir Ufro kënnen adresséieren, wann se een oder méi Prisonéier wollte kréien, fir bei hinnen auszehëllefen. Déi Gefaange sinn oft bei de Baueren ënnerbruecht ginn.

Zu Lëtzebuerg gouf et Krichsgefaangenelageren zu lechternach, Esch/Uelzecht, Ettelbréck, Uewermaarteleng, Mutfert, Schraasseg a Wolz. Annexen zu deene Lagere waren a verschiddenen aner Lokalitéiten ze fannen. D'Gefaangener vun de Lagere Schraasseg a Mutfert waren do virdeelhaft an den ale Brake vum RAD ënnerbruecht.

¹ D'Unio'n, 07.09.1945, S. 1.

² Archiv vum CICR, de C/FPD/MJST.

³ Hermann JUNG, 1966, S. 238, 239.

⁴ Hermann JUNG, 1966, S. 239 (mat Quellenindikatioun).



Archiv Victor JAEGER. An der 1. Rei, an der Mëtt ass de Victor JAEGER ze gesinn (Feil)

D'LËTZEBUERGER ARMÉE WAR MAT DER OPSICHT VUN DE KRICHSGEFAANGENELAGEREN ZU LËTZEBUERG BEOPTRAAGT

Den obligatoresche Militärdéngscht ass zu Lëtzebuerg duerch Groussherzoglechen Arrêté vum 30. November 1944 ageféiert ginn.¹ An deem Arrêté gouf drop higewisen, datt d'Sécherheet vum Land an d'international Obligationen des Moosnam géife fuerderen.

De 16. März 1945 goufen d'Joergäng 1925 an 1926 agezunn.² Am Juli 1945, sinn 1.500 Männer – eng méi grouss Zuel wéi erwaart, ënner hinne vill Fräiwëlleger, Zwangsrekrutierter, a Resistenzler – dem Opruff an der Press nokomm. Zweek Bataillounen sinn opgestallt ginn, nämlech den 1. an den 2. Infanterie-Bataillon.³

D'Unio'n, d'Zeitung vun der Resistenz, huet geschriwwen, datt den 18. Juni 1946 vill Zaldoten d'Garnisounsstad Diddeleng verlooss hätten, fir op Schraasseg ze kommen an anerer wäeren amgang dat selwecht ze maachen. Esou wär elo Diddeleng ouni Garnisoun.⁴ Ganz ouni Näid schéngt den Transfert op Schraasseg am Minett awer net ofgelaf ze sinn. An der Dageszeitung *Escher Tageblatt* vum 27. Juli 1946 ass ze liesen, déi Escher wäeren der Meenung, hir Stad hätt grad esou gutt kéinte Lëtzeburger Zaldoten an enger Kasär ophuelen wéi d'Lokaliteit Schraasseg.⁵

D'Opsicht vun de Krichsgefaangenenlageren zu Lëtzebuerg ass dem 1. Bataillon iwwerdroe ginn, vun deem een Deel – d.h. 7 Offizier, 10 Ënneroffizier an 158 Zaldoten – zu



Januar 1945 zu Lëtzebuerg: Prisonéier vun der Wehrmacht, bewacht vun engem Zaldot vum 358. US-Regiment (90. Infanterie Divisioun). (Signal Corps, collection Ascomémo, Hagondange)

Schraasseg kasernéiert waren. De ganze Bataillon hat säi Sëtz souguer zu Schraasseg. Deen aneren Deel vun deem Bataillon war an Däitschland stationéiert, an zwar zu Saarburg.⁶ Wéi mir nach wäerte gesinn, sinn déi däitsch Krichsgefangener vum 1. September 1945 un bis de 25. Februar 1946 op Lëtzebuerg transportéiert ginn.

Den 30. Oktober 1945, schreift d'Zeitung *D'Unio'n* vun engem Accident am Birelergrond, an dat e Militärauto mat Offizier vun der Lëtzeburger Armée verweckelt gewiescht wär. Den Auto wär schwéier beschiedegt ginn an ee vun den Matfuerer hätt misse medezinesch am noe Lager vu Schraasseg versuergt ginn.⁷

¹ Mémorial A no 20/1944; legilux.public.lu.

² Mémorial A13; legilux.public.lu.

³ ET, 27.07.1946, S. 2.

⁴ *D'Unio'n* vum 21.06.1946, S. 4.

⁵ ET, 27.07.1946, S. 2.

⁶ Willy BOURG an André MULLER, « Eis Garde », S. 45. Paul CERF, *Le Luxembourg et son Armée*, S. 35, 36, schreift, datt den 15. Juli, « l'armée quitte définitivement Dudelange. Elle y était casernée dans des baraques en bois construites en 1942 par l'Arbed au lieu-dit « op Rellert ». De CERF ënnersträicht : « Une partie du 1er bataillon quitta Dudelange pour être regroupé à Schrassig, avant de rejoindre Walferdange ».

⁷ *D'Unio'n* du 30 octobre 1945, S. 1.



Camp vun der Lëtzebuenger Arméi zu Diddeleng (Archiv René MARTIN, Lëtzebuerg)



Hermann JUNG, 1966, S. 284 (mat geographescher Kaart)

ÉISCHT VISITT VUN DE KRICHSGE- FAANGENELAGEREN ZU LËTZEBOERG DUECH DAT INTERNATIONAALT ROUT KRÄIZ (ORIGINAL VERSIOUN)¹

De Jacques de CASTELLA, Delegéierten vum Internationale Komitee vum Roude Kräiz vu Genf, huet vum 30. Januar bis den 2. Februar 1946 Visitten an de 6 Krichsgefangenelageren zu Lëtzebuerg gemaach. Hien huet besonnesch festgehalen (original Versioun):

Effectif : « Dans les six camps ... et dans le commando ... d'Esch/Alzette se trouvent au total 1.860 prisonniers de guerre. Il faut ajouter à cet effectif 660 prisonniers qui sont administrativement attachés à certains de ces camps, mais qui logent ailleurs ».

[Zesummen deemno: 2.520 Prisonnier.]

Répartition : « Le Commissariat Général à la Reconstruction entretient actuellement sept camps de base, dans lesquels sont immatriculés les hommes qui sont envoyés chaque jour en commandos et où sont enregistrés les prisonniers qui sont détachés d'une manière permanente chez leurs employeurs. »

Nourriture : « ... Le Commissariat Général à la Reconstruction nous a signalé que, lorsqu'il a reçu les prisonniers, ceux-ci étaient extrêmement affaiblis. Il a fallu les suralimenter pendant une période d'un à deux mois avant qu'ils ne deviennent utilisables comme travailleurs. Les prisonniers eux-mêmes interrogés au sujet de la nourriture leur donnée aux camps ont maintenant fait part de leur satisfaction. » Tous les prisonniers interrogés au sujet de la nourriture « ont fait part de leur satisfaction y relative ... ».

Habillement : « La majorité des prisonniers remis par les autorités américaines au Luxembourg étaient équipés de vêtements militaires américains légers, portant chacun l'habituel « PW » (prisoner of war). Dans les camps visités trois mois après leur ouverture, la situa-

¹ Archiv vum CICR, de C/FPD/NG. Original Auszuch.

tion vestimentaire est assez bonne. Les uniformes sont généralement en bon état. Dans la plupart des camps, les prisonniers n'ont pas de vêtements de travail, ... mais l'état des chaussures n'est pas satisfaisant ... »

Travail : « ... Certains prisonniers travaillent dans les carrières (Haut-Martelange, Ettelbruck), d'autres dans de grosses entreprises de travaux publics (Esch/A.), d'autres enfin... dans tous les corps de métiers (cultivateurs, menuisiers, bouchers ... »

« Les prisonniers reçoivent un salaire de 9.- fr. par jour pour les travailleurs et 6.- fr. pour les non-travailleurs (personnel administratif et différents services dans les camps). Ils peuvent disposer de ces sommes pour des achats à la cantine. »

Discipline : « ... L'Etat-Major luxembourgeois a placé dans chacun des camps un petit peloton de garde dont la mission est d'assurer la sécurité du camp et la surveillance de ses environs ainsi que le convoiement des transports vers les commandos de travail. La discipline des prisonniers est bonne ... »

Rapatriement : « Après deux mois de captivité sous contrôle luxembourgeois, un certain nombre de prisonniers remis par les Américains, ..., n'ont pu se rétablir. ... Un rapatriement portant sur un effectif d'environ 300 hommes a été réalisé à la mi-janvier par les soins de l'Armée luxembourgeoise. ... »

Libération : « ... des prisonniers de différentes nationalités nous ont interrogé pour savoir comment ils pouvaient introduire une demande de libération. »

AUSBRÉCH, EEN NOM ANEREN

D'Ausbréch aus Lëtzebuerger Lageren vu Krichsgefaangener waren heefeg an dat, wéi et schéngt, besonnesch aus dem Schraasseger Lager. Esou sinn an der Nuecht vum 1. op den 2. August 1946 dräi Jonker, déi bei der Boumillen zu Schraasseg campéiert hunn, ugegraff a beklaut ginn an dat vun dräi Männer mat Gewierer a Revolveren. Et ass ugeholl ginn, datt et sech hei ëm dräi Prisonéier gehandelt huet, déi aus dem Lager vu Schraasseg ausgebrach waren. Di Woch virum 30. Dezember 1946 war schonn eng gewëssen Unzuel vu PWen aus dësem Lager ugedréckt. Och zu Sandweiler waren dräi Prisonéier an der Natur verschwonne.¹

Wéi mir nach gesi wäerten, sinn tëschent dem 1. September 1945 a Mëtt Oktober 1946, also bannen 12 ½ Méint, net manner wéi 700 bis 800 Krichsgefaangener aus de Lëtzebuerger Lagere fortgelaaf, sécherlech en absolute Rekord an net vergläichbar mat de weëneg Ausbréch aus däitsche Lageren am 2. Weltkrich.

RAPPORT IWWER D'VISITT AM SCHRAASSEGER LAGER VUM 30. JANUAR 1946 DUECH DE JACQUES DE CASTELLA, DELEGÉIERTEN VUM INTERNATIONALE ROUDE KRÄIZ (ORIGINAL VERSION)²

CAMP DE PRISONNIERS DE GUERRE DE SCHRASSIG

Adresse postale : Camp de prisonniers de guerre de SCHRASSIG, Grand-Duché de Luxembourg

Ouverture du Camp : En novembre 1945

Capacité : 500 hommes

Effectif : 332 sous-officiers et soldats dans le camp
156 détachés dans l'agriculture
50 détachés en commandos
[Total : 538 prisonniers]

Chef du camp : M. KLEIN, dépendant du Commissariat général à la Reconstruction

Troupes de garde : Lieutenant-Aspirant LOSCHETTER avec une section de 30 hommes

Médecins : Ceux mentionnés pour Moutfort.

[Dans le rapport sur ce camp, rédigé aussi par M. J. De CASTELLA et portant la même date, figurent comme médecins:

Luxembourgeois : M. Jean HEIN, médecin civil, domicilié dans la capitale.

Allemand : Dr MICHALKE Joachim, Ass. Arzt, né le 1 mars 1907 à Gross-Stein (Ober-Schlesien).]

Homme de confiance : PAULI Wilhelm, Feldwebel, né le 17.12.1915 en Sudeten Land, domicilié à Bayreuth

Ce camp est en tous points identique à celui de Moutfort.

Et ass ze bemierken, datt de Paschtouer vu Schëtter sech dem Wuelerginn vun de Séile vun de Krichsgefaangener am Schraasseger Lager ugeholl huet.³

DAT WAR NET DEN EENZEGEN ONFALL

Freides, den 15. März 1946 huet sech e schwéieren Onfall am Gefaangenelager zu Schraasseg zougedroen. Den Zaldot Jean EHMANN vun Esch/Uelzecht huet sech mat aner Zaldoten am Wuechtposten vum Lager opgehalen, wéi d'Mitraillette vun engem vu senger Komeroden sech duerch eng onglécklech Manipulatioun entlueden huet. Dobäi ass de Jean déidlech getraff ginn. De Verloscht vun dësem Jong huet d'Famill EHMANN ëmsou méi schwéier getraff, well d'Mamm vum Jean am KZ Ravensbruck ermuert gi war an ee vun de Bridder vum Jean vun den Däitschen als Deserteur vun der Wehrmacht erschoss gouf.⁴

² Archiven vum CICR, de C/FPD/MJSt.

³ LW, 16.12.47.

⁴ ET, 18.03.1946, S. 2. Ze notéieren ass, datt an der Zeitung D'Unio'n ee konnt liesen, datt um Moie vum 15 März 1946 sech d'Accident ereegent huet, wéi en Zaldot op Wuecht am Krichsgefaangenelager zu Schraasseg déi him zougewise Prisonéier op d'Aarbecht sollt féieren. An deem Moment huet sech d'Mitraillette vun engem Zaldot, duerch eng Onvorsichtgeek, entlueden an huet d'Opfer déidlech getraff. (D'Unio'n vum 16.03.1946, S. 5)

¹ D'Unio'n, 02.08.1946, S. 4 an idem, 30.09.1946, S. 3.



Doudebild vum Jean EHMANN vun Esch/U. (Archiv Claude WEBER)

D'Militärlager vu Schraasseg ass op en Neits an d'Viséier vum „Escher Tageblatt“ geroden, wéi de 25. September 1946 en Zaldot vun dësem Lager, géint d'Virschrëft, vun engem Gefier, dat sech deplacéiert huet, erofgesprongen ass. Den Onvirsichtegen ass schwéier blesséiert ginn.¹

En Dag méi spéit, huet sech am Agank vun der Lokalitéit Mamer eng schrecklech Kollisioun tëschent engem belschen an engem Lëtzebuerger Militärauto zougedroen. Bei dësem Accident ass de Sergeant René JUNCKER aus der sougenannter „Schraasseg Kasär“ schwéier verwonnt ginn.²

An den zwee éischte Jore no der Schafung vun der Lëtzebuerger Arméi koum et iwwregens zu 10 déidlechen Accidenter an hire Reien.³

ZWEET VISITT VUN DE KRICHSGEFAANGENELAGEREN ZU LËTZEBUERG DUERCH DAT INTERNATIONAALT ROUT KRÄIZ⁴

Tëschent dem 10. a 17. Oktober 1946 huet den Delegéierte vum Internationale Roude Kräiz, Jacques de CASTELLA, d'Krichsgefangenelager zu Lëtzebuerg rëm besicht. Aus de Rapporten, déi hien heiriwwer redigéiert huet, geet Folgendes ervir:

Zuel vun de Gefaangenen: ongeféier 1.200 Krichsgefangener stoungen dem *Commissariat général de la Reconstruction* an 1.200 bis 1.500 dem Akerbauministère zur Verfügung. Déi lescht Kategorie war bei Baueren detach-

éiert. Vun deene 4.200 Prisonéier, déi d'amerikanesch Autoritéiten dem Groussherzogtum Lëtzebuerg iwwerginn haten, waren der 1.050, déi scho vu Rapatriementsmoossname profitéiert haten (schwéier Verwonnter a Kranker) a 700 bis 800, déi scho fortgelaf waren.

Hygienesch Verhältnesser: si waren iwwerall ganz zefriddestellend. D'Fleeg vun de Kranken ass normalerweis vun zivilen Dokteren oder däitsche Militärdokteren, déi ënner der Opsicht vun engem Lëtzebuerger Dokter geschafft hunn, gelescht ginn.

Verfleegung vun de Gefaangenen: Si ass als „ausgezeichnet“ agestuft ginn. Am Rapport war notéiert:

« tous sont bien nourris. Il n'y a donc aucune remarque à formuler au sujet du rationnement, de la préparation et de la qualité des mets ».

Kleedung vun de Gefaangenen: si ass als „uerdentlech“ qualifizéiert ginn. Et ass awer bemierkt ginn, datt d'Gefangener iwwer keng Ënnerwäsch verföügt hunn. Dank den Ustengunge vun de Lëtzebuerger Autoritéiten, waren elo bei bal alle Prisonéier d'Schong a guddem Zoustand.

Korrespondenz: D'Méiglechkeet, Courrier vun hire Léiwen, déi doheem waren, ze kréien an déi dann och konnten iwwer d'Schicksal vun hire Leit an d'Bild gesat ginn, huet ëmmer eng grouss Roll beim mentalen Zoustand vun de Gefangene gespilt. Den Delegéierte vum Roude Kräiz huet an dësem Zesummenhang festgehalten, datt no verschiddene Schwieeregkeete bei der Liwwerung vu Pabeier, déi üblech Verdeelung vu jeeweils 2 Formulare fir Bréif an 2 fir Postkaarten op nëmmen 2 vun der éischter Zort ageschränkt huet misse ginn. Den Delegéierten huet versprach, sech anzesetzen, datt d'Prisonéier rëm erlaabt kréichen, 4 Bréiwer oder Kaarten am Mount ze schreiwen. Et war nach net laang hir, datt d'Kontroll vun der Korrespondenz der Gendarmerie uvertraut gi war, déi si dann der Post iwwerginn huet, fir si an Däitschland ze schécken.

Disziplin : Den Delegéierten huet dozou wuertwärtlech vermierkt:

« À cause de la proximité de la frontière allemande, les évasions sont plutôt fréquentes. Il faut aussi tenir compte de tous les prisonniers qui s'évadent des camps de France et qui sont repris sur le territoire du Grand-Duché. Les évadés sont remis aux Autorités militaires d'un des camps de Reconstruction ; ils sont punis d'arrêts d'une période de 15 jours à un mois ; après quoi ils sont affectés aux différents travaux prévus Le régime de détention prévoit la moitié de la nourriture allouée aux autres prisonniers, le logement dans des locaux séparés et sans lit et la surveillance constante, même au travail, par la troupe de garde. Au camp de Moutfort, il y avait dans les deux locaux d'arrêts 27 hommes dans une baraque de 7 mètres sur 7, et 2 hommes dans un autre local ».

¹ ET, 26.09.1946, S. 5.


² ET, 23.08.1947, S. 6. Och am LW vum 27.09.46, S. 5 mat Fotoën vun den veronglückten Autoen.

³ Paul CERF, 1984, S. 73.

⁴ Archiv vum CICR, de C/FPD/MJSt.



Lénks: Den Zaldot-Chauffeur Pierre PRIM.
(Archiv Marco PRIM)



Chenillette M003311 "Écolage" au camp et aux environs de SCHRASSIG, février 1947
(instructeur: sgt Jean SCHROEDER) (Source: Vic JAEGER, 1995, S. 97).

Fräizäit: Fir hir Fräizäit haten d'Gefaangener Bicher, Gesellschaftsspiller a Sportgeräter kritt. A bestëmmte Lageren, hunn d'Prisonéier vun zivil Sportterrine konnte profitéieren. An aneren, wéi zu Mutfert an Esch/Uelzecht, war hinnen den Zougang zu dësen Terraine vun de Lëtzebuerger Sportsveräiner verbuede ginn.

En anonymme Visiteur – war hien en Zaldot? – huet e satiresche Bericht iwwer seng Visitt am Schraasseger Lager verfaasst:

„Pickechen Drot emgëtt d'Prisonéier an hir Opsichter esou datt kee Gefaangene kann aus dem Lager fortlafen. An dach gëtt et e Lach am pickechen Drot. Eng hallef Dose Wiechter verteidegen dësen Ausgang. Bannen am Lager fënnt een all 10 Meter e Wiechter. Gefrot firwat keng Prisonéier do wäeren, huet e Wiechter geäntwert, datt hiren eenzege Prisonéier haut zu Fouss aus der Stad komm wär. Hien wär an d'Wuechtlokal komm, an hätt gesot, hie misst sech hei dem Kommandant vum Lager virstellen. De Moment wär hien am Lager domat beschäftigt, d'Schong ze wichen. Wéi ech fortgaang sinn, hunn ech gemengt, ech hätt eng Annexe vum Ettelbrécker Geckenhaus besicht“.¹

Et versteet sech, datt den Datum vum Passage vun dësem anonymme Visiteur am Schraasseger Lager ëm Enn 1946 misst gewiescht sinn. Zu där Zäit huet d'Schraasseger Lager nëmmen nach just eng beschränkten Zuel vu Prisonéier gezielt. Aus deem Grond huet den Delegéierte vum Roude Kräiz déi Kéier d'Lager vu Schraasseg net méi inspizéiert.

¹ Willy BOURG an André MULLER, Eis Arméi, Bd 1, S. 777 ; Auszoch aus der Zeitung vum 1. Bataillon vu Walfer, Archives Charles Mataigne.

Schraasseg war effektiv besser gerëscht, fir verschidde Servicer vum 1. Bataillon opzehuelen, wéi z.B. dee vun der Sektoun, deen den Transport vun de Prisonéier gemaach huet oder d'Auto-Schoul. Hei war och eng grouss Parkplaz fir déi vill Gefierer vum Bataillon. Fotoe vum Mutterter Lager aus där Zäit a besonnesch de Bericht vum Zaldot Charles LUCAS weisen, datt dat Lager mat sengen dräi Reie pickegen Drot, Anlag déi permanent iwwerwaacht gouf, säi Kontrolltuerm, dee mat Scheinwerfer equipéiert war, senge reegelméisseg Inspektiounen vun de Braken ... sech vill besser gëeegent huet, fir eng effizient Iwwerwaachung vun de Prisonéier.²

Déi eenzeg Gefaangener, déi nach am Lager zu Schraasseg waren, si wuel als sécher ugesi ginn an haten, am Géigesaz zu ville vun hire Komeroden, net den Hang, fir unzedrécken. Ze bemierken ass, datt eng beschränkten Zuel vun dëse Männer, no hirer Liberatioun souwiesou zu Lëtzebuerg bleiwe wollten. Zwee vun hinnen hunn iwwerregens nom Krich séier wéineg Kilometer vu Schraasseg ewech, wou si als Krichsgefaangener agespaart waren, eng Famillje gegrënnt. Esou versteet een och, datt de Chauffeur Pierre PRIM huet missen vu Schraasseg an d'Lager vu Mutfert fueren, fir do Prisonéier opzelueden an se op d'Musel ze féieren, wou d'Aarbecht op si gewaart huet.

² Charles LUCAS, an dem Buch : Georges EVEN, Frauen erleben den Krieg, S. 12.



Krichsgefaangenelager Mutfert, Wuecht Mannschaft (Archiv Victor JAEGER).



Krichsgefaangenelager Mutfert, Wuecht Mannschaft. An der 1., Rei, ganz riets ass de Victor JAEGER ze gesinn. (Archiv Victor JAEGER)

D'INSTALLATIOUNE VUM MILITÄR-CAMP VU SCHRAASSEG A SENG WEIDERENTWÉCKLUNG BIS 1947

D'Sockele vu verschidde Brake ware mat Steng gebaut an hunn doduerch Kellere opgewisen, déi deemools déi eng als Depot fir Holz, Kuelen, verschidden Zorte vu Geschier, Ersatzdeeler fir den Auto-Park an déi aner fir lesswueren fir d'Mannschaft an d'Prisonéier ze versuergen, gedéngt hunn. Am Lager ass iwwregens net mat de

Quantitéite vun de stockéierte Liewensmëttelen gespuert ginn. Dobäi waren awer Moolzechten, déi de Lëtzebuerger Zaldoten, déi d'Prisonéier vum Camp bewaacht hunn, opgedëscht goufen, éischter moer. Esou huet de Pierre PRIM nom Krich sengem Jong verzielt, datt et him an engem Komerod gelonge war, dem Kach säi Schlëssel vum Keller, an deem vill Provisiounen gelagert waren, ze klauen. Si ware bass erstaunt, wéi si ënnert anerem eng 100 Päck Nuddelen, déi do openaner getässelt waren a vu ganze Kolonien vu Mais besicht ware ginn, gesinn hunn. Déi Déiercher haten an dës Päck laang Tunneln gefriess,

déi hinnen erlaabt hunn, liicht vu Pak zu Pak ze lafen an sech dobäi op d'Käschte vun der *Intendance* vum Lager d'Pänzelcher voll ze jicken.

Verschidden Ëmännerungen si gemaach ginn, ënner anere un der Brak vum Kommandant vum Camp, déi um Rand vum Bësch louch a lénks niewent dem Wee, haut Huesepad genannt, stoung (kuckt de Plang vun den Installatiounen Säit 16). Nom Réckzuch vun den Däitschen, am September 1944, ass där *Führerbrak*, wéi zu Mutfert, eng Terrasse bäigefüügt ginn. Eng Foto, déi zu engem net gewossten Zäitpunkt gemaach gouf, bezeit dat.¹ Aner Fotoen no, huet och wuel e Schapp, deen aus festem Material gebaut war an als Ënnerstand fir d'Chenilletten gedéngt huet, um Areal vum Schraasseger Camp bestanen.

DE MILITÄRCAMP VU SCHRAASSEG AN DÉI DO STATIONÉIERT LËTZEBUGER ZALDOTEN

De Camp vu Schraasseg huet, op d'mannst vun hallef 1946 un, virun allem als Base vun der Lëtzebuger Arméi

¹ ANLux, Collection Amis de l'Histoire Roeserbann, Foto Nr 272.



E Grupp vu Chauffeuren vun der Lëtzebuger Arméi poséieren am Schraasseger Lager. (Archiv Marco PRIM Dikrech)



De Pierre Prim, Chauffeur am Schraasseger Lager op sengem Kawasaki virun enger Brak. (Archiv Marco PRIM Dikrech)

gedéngt. Hei ware Militär Gefierer vun allen Zorte stationéiert, wéi z.B. och Chenillette², déi di englesch Arméi de Lëtzebuger iwwerlooss hat. Déi Vehikelen waren net nëmmen d'Luxusstécker vun onser Arméi an den Defiléen, mee si hunn och bei aner Geleeënheeten e gudden Déngscht geleescht. Esou huet zu Gréiwemaacher, am Wanter 1946, en Detachement vun de Pionéier aus dem Schraasseger Lager mat hire Chenilletten d'Militär-Färnees un d'Ufer gezunn, wéi déi am Äis, dat en Deel vun der Musel bedeckt hat, stieche bliwwen war.³

De Chauffeur vun der Arméi, Pierre PRIM, ass üblecherweis mat sengem Camion vu Schraasseg op Mutfert gefuer, fir do Prisonéier opzelueden, fir si an déi Lokalitéiten ze féieren, an deenen d'Wënzer oder d'Bauern Hëllef gefrot haten. Op de Fotoe op de Säite 34 an 38, kann ee wéinstens 7 Militärmaschinne vun alle Gattunge gesinn, déi op enger grousser Parkplaz bannent dem Lager vu Schraasseg ofgestallt waren.

² Dës Chenilletten sinn iwwregens 1967 versteet ginn an hunn dunn hire Keefer, et waren dacks Stockcars Veräiner, erlaabt, hir Competitiouns Ween op eng einfach Manéier ze deplacéieren. Ee vun deene Gefierer ass an de Musée Militaire op Dikrech komm. Aner kann een och nach an dësem oder deem private Musée untrefen.

³ LW, 20.12.1946, S. 4.



Chenilletten vum 2. Bataillon vun der Lëtzebuger Arméi. (Archiv René Martin, Lëtzebuerg)



Eng vun de Chenilletten an Aktioun am Militärcamp zu Schraasseg. (Vic JAEGER, 1995, S. 97).

Grand-Duché de Luxembourg

Schrassig, le 26.7.1946.

A R M E E

I. Bataillon d'Infanterie

M.T.O.

CONSIGNES POUR CHAUFFEURS

- 1) Vous ne dépassez pas 30 miles sur route ouverte et 15 miles en traversant des localités.
- 2) Limite de chargement :

Camion FORD	25 hommes
Camionnette FORDSON	12 hommes
Camionnette DODGE	15 hommes.
- 3) Vous ne pouvez pas charger plus que 2 personnes (le chauffeur y compris) dans la cabine de la voiture.
- 4) Vous fermerez votre voiture à clef partout où vous la quittez.
- 5) Dans les casernements vous posez votre voiture à l'endroit indiqué et réservé pour elle.
- 6) Vous contrôlez tous les jours le niveau d'huile et de l'eau.
- 7) Vous exécutez tous les jours la tâche prescrite.
- 8) Vous contrôlez la pression des pneus journellement.
- 9) Vous revisionnez tous les jours l'eau dans les batteries.
- 10) Après chaque course vous déposez votre feuille de route au bureau de l'M.T.O. dûment remplie.
- 11) Vous rapportez tous les bruits suspects de votre voiture au chef du garage.
- 12) Il vous est défendu de faire des commissions personnelles à n'importe qui sans permission de l'M.T.O.
- 13) Vous n'emènerez aucune personne sans motif de service s'il n'a pas pris la permission de l'M.T.O.

VOUS ÊTES ENTIEREMENT RESPONSABLES
DE VOTRE VOITURE.

L'Officier de Transport

KOHN Lucien
Lieutenant



Den Zaldot vun der Lëtzebuenger Armée Pierre PRIM, Chauffeur am Militärlager an der Schlassgewan zu Schraasseg. Vun hei ass hie mat sengem Camion gestart, huet am Mutferter Camp Krichsgefangener opgeluede fir si als Aushëllef bei d'Bauern ze féieren. (Archiv Marco PRIM).

De 26. Juli 1946, huet de Lieutenant Lucien KOHN de Chauffeuren, déi ënner sengem Kommando stoungen, ganz strikt Uerdere ginn, aus deenen ervir geet, datt d'Zaldoten an onser Armée deemools net op Rouse gebett waren. Den Zaldot Pierre PRIM hat jo schonn geklot, datt de Ravitaillement net déck war. Hien a seng Komeroden waren dann och nach voll a ganz selwer fir hir Gefierer verantwortlech.¹

Mir wëllen dann nach ervirhiewen, datt de 16. August 1946 siwe Militär aus der aler Lëtzebuenger Fräiwëllege Compagnie, déi zum Lager vu Schraasseg gehéiert hunn, ausgezeechent si ginn. Et waren dat: Jacques BECKER, Henri EISCHEN, Alphonse GRETHEN, Etienne HERBER, Ernest JUNGERS, Emile KRIER a René TRAUFLER.²

ENN VUM MILITÄRCAMP VU SCHRAASSEG A WEIDERLIEWE VUN DE BRAKEN

De 6. Februar 1947 informéiert d'EscherTageblatt seng Lieser, datt d'Lëtzebuenger Armée zur Zäit net nëmmen Zaldote géing sichen, mee och Kasären, fir d'Jongen dran ënnerzebréngen. De Journalist mengt ze wëssen, datt Walfer a Schraasseg nëmmen zäitweilig Lokalitéite mat Garnisoun wäeren. Dogéint hätt d'Wehrmacht zu Bitburg an den 30er Jore modern Kasäre baue gelooss, déi elo Lëtzebuergesch misste ginn (!).


Zwee Méint méi spéit gött den Ënnergang vum Schraasseg Lager definitiv agelaut, wéi d'Militärverwaltung an der selwechter Zeitung d'Brake vum Schëtter Lager zum Verkauf ubitt.³

Hei huet de moduléierte Konstruktiounssystem vun de Braken sech erëm als grouse Virdeel erweisen. Si hunn

¹ Archives Marco PRIM, Dikrech.

² LW, 4.12.1946, S. 6.

³ ET, 04.04.1947, S. 6.



sech fir den Transport liicht auseneen huele gelooss an et konnt een se fir all méiglech klenger oder gréisser Besoinen op enger anerer Plaz nees problemlos zesummesetzen.⁴ Gemengen a Veräiner, d'Scouter a Poren waren di heefegst Interessenten. Sou konnt ee méi spéit am Lëtzebuenger Wort liesen:

An Liebhabern fehlte es nicht; die Lagerhäuser wurden nun abmontiert und zu ganz anderen, teils edlen Zwecken übergeben: Sporträumen, Scoutheimen, Kapellen und Pfarrsälen.⁵

En éischt Beispill ass d'Gemeng Dikrech, déi an enger Sëtzung vum Gemengerot, de 16. Juni 1947, e Kredit vu 24.000.- Frang fir den Akaf vun enger Brak aus dem Lager vu Schraasseg gestëmmt huet. Et huet geheescht, d'Brak wär 24 x 8 Meter grouss a géif an zwee gedeelt. Een Deel sollt dann dem Kanoe-Club an deen aneren dem Camping zoukommen.⁶

⁴ Cf. Annexe IV: Opbau vun der Brak vum Bouneweger CTF

⁵ LW, 12.12.1947, S. 6

⁶ ET, 24.06.1947, S. 5; idem LW vum selwechten Dag.



Zwou fréier Schraasseger Braken déi vun den Dikrecher Scouten als „Scouts-Home“ (ënner) a Jugendherberg (uewen) nei opgeriicht gi waren. (Foto vun der Aweigung vum Scoutspark am Floss, de 6. Juni 1948, Source: Broschür, 1997).

Nach zwou weider Brake vu Schraasseg hunn de Wee op Dikrech fonnt an zwar bei d'Scoute vun der Sektoun „Tony NOESEN“¹. Wéi an der Zeitung² ze liese war, hunn d'Scoute déi Brake geholl fir op engem 1,5 ha groussen Terrain „Am Floß“, deen hinne vun der Joffer Félicie LEYDER zur Verfügung gestallt gouf, hiren neien „Home“ opzeriichten. Aus enger Broschüre vun den Dikrecher Scouten gi mir weider gewuer, datt d'Braken zesumme 45.000.- F. kascht hätten an datt och däitsch Krichsgefangener, *Zammerleit*, bei hirem Opbau gehollef hätten.³

Den Diddelenger Gemengerot hat den 30. August 1947 e Kredit vun 30.000.- F. bewëllegt fir eng Bud (*Wohnbaracke*) ze kafen, déi aus dem Schraasseger Camp géif kommen.⁴ Dës Brak sollt eng Spillschoul ophuelen. De Schafferot huet awer schliisslech decidéiert, e Gemenegenaarbechter, deen ouni Wunneng war, doran ze setzen. Wat herno domat geschitt ass, wësse mer net.⁵

De Paschtouer vun Nidderaanwen hat scho méi laang vun enger eegener Kapell fir de Sennengerbiereg gedreemt.

¹ Den Tony NOESEN war vun 1929 bis zum Ufank vum Krich Chef vun den Dikrecher Scouten iert hien ee vun onse grouse Resistenzler gouf. Hien ass den 25. Februar 1944 zu Hinzert higeriicht ginn. (Jos HERR, Diekirch, S. 328; wikipedia.org.)

² LW, 23.07.1947, S. 5.

³ Jacques DAHM, 50 Jar Homer am Floss, 80 Jar Dikricher Scouten, aus : 50järee Jubileum vum Scoutspark, 1997. D'Brake goufen eng no der anerer am Hiwwel, deen dorops hin „Scoutsbiereg“ genannt ginn ass, opgeriicht. Am Hierscht 1947 ass déi éischt Versammlung vun de Scouten am Pavillon, deen ënnen am Hiwwel louch a „Scouts Home“ oder „Home Prince Jean“ genannt ginn ass, ofgehalen. D'Constructioun vum anere Chalet, deen als Jugendherberg gedéngt huet, an, ongeféier 30 Meter méi héich am Rand vum Bësch louch, ass d'Joer drop fäerdeg gestallt ginn. An der Nuecht vum 15. Februar 1953 ass deen ënne geleéene Chalet komplett ofgebrannt. (LW, 05.06.1948, S. 12 (Aweigung) an LW, 04.01.1974, S. 6 mat enger Foto mat deenen zwou Braken.)

⁴ LW, 30.08.1947, S. 5.

⁵ D'Käschte fir d'Opriichten vun der Brak am Quartier « Italia » hunn sech op 63.000.- Fr. belaf. (D'Unio'n vum 18.10.1947, S. 4.)

Wéi et geheescht huet, d'Schraasseger Brake géife verkaf, war hie gläich Feier a Flam. Zesumme mat de Sennengerbiereg Leit huet hie 4 Modulle vun der gréisster Lagerbrak⁶ kaaft, als Entrée eng déck stenge Mauer mat enger Klack uewendrop virdru gebaut a fäerdeg war d'Kapell. Si hunn se der Muttergottes vu Loretto geweit an ënnert deem Numm steet se och haut nach um Sennengerbiereg. Si verréit hiren Ursprung awer bal net méi, leider steet och näischt dovun um Informationspanneau, deen d'Gemeng virdru gesat huet.



Loretto-Kapell: Hannert der décker Front-Mauer mat der Klack erkennt een d'Schraasseger Brak un der charakteristescher RAD Fënster Foto: LW 11.10.1947 (BNL scan).

En anerem Deel vun der grousser Brak ass an der Gemeng Schëtter bliwwen an huet do den Numm *Schëtter Bud* kritt.⁷ Och bei dëser Brak ass vu baussen, ofgesi vun de charakteristeschen Dimensiounen, kaum nach eppes vun hirem Ursprung ze erkennen. Banne gesäit een dogéint nach gutt, datt et mol eng RAD-Brak war.

Den 12. Dezember 1947 huet d'Lëtzebuerger Wort, op der Säit 6 gemellt, datt zënter Méint nëmmen nach Ruine vum alen Aarbechtslager zu Schraasseg géifen iwwreg bleiwen. Während dem vergaangene Summer, hätt d'*Sequesteramt* d'Buden an de Verkaf gesat. Eng Hallschent vun esou enger Brak wär zu Schëtter an e Porsall ëmgewandelt ginn. Si géng de Sonndeg drop, de 14. Dezember, ageweit ginn.⁷ En Artikel iwwer d'Feierlechkeete vun der Aweigung, iwwer déi an der selwechter Dageszeitung be-

⁶ LW, 11.10.1947: Am Artikel geet rieds vun der Kantin, also der Brak vun 33 Meter (10 Modullen), déi mir weider uewen als Speisebaracke identifizéiert hunn. D'Moosse vun der Kapell hannert dem Virbau sinn ca 8,20X15,05. Dat entsprécht, wann een di nodréiglech Verkleedung vun de Baussewänn wegrechent zimmlech genee der Gréisst vu 4 Modullen.

⁷ Dem Mil WEBER no (Viirgeschicht zu der « Schëtter Bud », S. 43), war et nëmmen een Deel vun enger Schraasseger RAD-Bud, déi seng Plaz bei der Schëtter Kierch fonnt huet. Déi beschränkten Ausmoosse (5-6 Modullen) vun der „Schëtter Bud“ bekräiften déi Behauptung. An dëser Broschür schreiwwt iwwregens d'Léierin Milly THILL, wéi d'Schëtter Bud spéider zum „Centre culturel“ ginn ass ... (S. 19-42).



D'Schëtter Bud: Deen aneren Deel vun der „Loretto-Brak“ ass op Schëtter hannert d'Schoul komm. Si war noenees Poorsall, Centre culturel, Scoutsheem a Jugendhaus, ... a steet nach ëmmer, Virun e puer Joer gouf se renovéiert an huet vill vun hire Charakteristiken agebéisst. (Archiv MT)

Dës Bannen-Opname vun der RAD Brak vum CTF Bouneweg ginn e gudden Androck vun der Gréisst vum Raum. Am Original huet se 6 Modullen, d.h. si ass 19,8 m laang an 8,14 m breet (där stoungen der 6 am Schraasseger Lager). Do war Plaz fir 30 Aarbechtsmänner. Nach gutt ze erkennen de Baukastensystem vun de Braken. Ënnert anerem gesäit ee schéin d'Andeelung a Module vun 3,30 m an di einfach Manéier wéi di ganz Struktur zesummegehele gëtt (Cf. Kapitel iwwert d'Braken). Weider Fotoen vum Opbau vun dëser Brak an der Annexe IV. (Archiv MT & CV)



riicht gouf, huet behaupt, datt d'Initiativ vum Akaf vun der Bud vum Schëtter Paschtouer Mathias PETERS ausgaange wär, deen de séilesche Bäistand vun de Krichsgefangenen zu Schraasseg an deenen zwee Krichsjore gelescht hätt.¹



De fréiere « Scouts-Home » vum Belair. Déi RAD-Brak ass 1947 « vun der Arméi » versteet ginn. Si kënn wuel och aus der Schlassgewan vu Schraasseg. (Foto: LW, 25.05.1948, Num BNL)

Eng weider Brak vum Schraasseger Camp ass och op Wanderschaft gaangen a misst op Belair transportéiert gi sinn. D'Lëtzebuerger Wort vum 5. Juni 1948, (Säit 13) publizéiert nämlech 4 Fotoe vun der Aweiung vum neie Scout-Home um Belair, déi kuerz virun, de 23. Mee, gefeiert gouf. Eng vun dëse Fotoe weist eng Konstruktioun, wéi mir se kennen.² De Site vun de Belairer Scouten erzielt ons dann och, datt dëse Chalet aus Holz 1947 effektiv vun der Lëtzebuerger Arméi versteet gi wär. Et gëtt awer net gesot, datt déi Bud vu Schraasseg kéim. Si

¹ LW, 16.12.47, S. 4.

² Den neien Scout-Home louch hannert der Schoul, rue des Archiducs. De Bericht iwwer d'Feierlechkeeten am Lëtzebuerger Wort erzielt näischt iwwer de bescheidenen Ursprung vun dësem neien Home. (LW, 25.05.1948, S. 4 a 05.06.1948, S. 13 mat Fotoen. Och am LW, 04.10.1956, S. 3: Ein Skandal im Belair-Viertel an am ET, 25.09.1956.



D'Scoutsheem um Houwald (Archiv Nico EICHER/Roland SCHUMACHER).

ass iwwregens 2008, no gutt geleschten Dénsgchter, ofgerappt ginn.^{3,4}

Souwäit eis Recherchen zum Verbleif vun de Schraasseger Braken. Vun den 10 Brake konnte mer der ca. 6 lokaliséieren: 3 zu Dikrech, 1 zu Diddeleng, 1 um Sennengerbiert/Schëtter an 1 um Belair. Bleiwen der nach 4, wou mer net wësse, wat mat hinne geschitt ass.

E kleng Verdacht gëtt et bei dësen dräi Braken:

- Eng Brak déi de Scoute vum Houwald als „Home“ gedéngt huet. Si stoung virun enger Zäit hanner dem Häerz-Jesus Klouschter um Houwald, mee ass mam Klouschter verschwonnen fir dem Altersheim genannt „Beim Klouschter“ Plaz ze maachen. D'Brak kéint natierlech och vum Lager um Holleschbiert stamen.
- Eng méi kleng Brak zu Ierseng hannert der Kierch erop bei de Bësch. Si ass a privaten Hänn, nei ugestrach a besonnesch bannen anescht ageriicht. Alles in allem ass se awer nach ganz gutt als RAD Brak erëm ze erkennen.
- Eng Brak zu Bouneweg, déi de CTF (Coin de Terre et de Foyer) 1948/9 engem LW-Artikel⁵ no zu lechternach kaf hätt. Dat war da wuel eng Brak aus dem lechternacher Krichsgefangenelager. Well et awer offensichtlech eng RAD Brak vum Typ RL IV ass, wëlle mir net ausschléissen, dass se ursprénglech aus engem Lëtzebuerger RAD Lager ... a firwat net deem Schraasseger ... hir staamt. Dem CTF verdanke mer e puer Fotoë vum Opbau vun hirer Brak aus eenzel nummeréierten Elementer (Cf. Annexe IV) an och vum engem wéineg verännerten Interieur vun der originaler Brak (Fotoe lénks).

³ belair.lgs.lu., eise Grupp.

⁴ Och gouf et zu Mutfert bei der Hauptstrooss eng Bud. Si war vun de Scoute beluecht, iert si duerch Feier zersteiert gouf.

⁵ LW, 04.06.1949 S. 9



Eng kleng RAD Brak a Privatbesëtzt zu Ierseng (Archiv MT).



Aarbechtsmänner am Schraasseger Lager. (Archiv M. Folschette)

Verordnungsblatt für Luxemburg

Herausgegeben vom Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg

Erscheint nach Bedarf

Einzelpreis: 20 Pfg

1941	Ausgegeben in Luxemburg, den 14. Februar 1941	Nr. 13
20. 1. 41	Dreizehnte Verordnung für den Bereich der Lederwirtschaft. (Verkauf und Lieferung von Fuß- und Handbällen aller Größen an Leichtverbraucher)	97
20. 1. 41	Vierzehnte Verordnung für den Bereich der Lederwirtschaft. (Lederwaren aus Austauschstoffen für Leder).	97
12. 2. 41	Bekanntmachung über die Ablieferungspflicht für Hafer, Heu und Stroh.	98
12. 2. 41	Bekanntmachung über den Eintritt in den Reichsarbeitsdienst.	98

Bekanntmachung über den Eintritt in den Reichsarbeitsdienst. Vom 12. Februar 1941.

Die Meldung der ledigen männlichen und weiblichen Angehörigen der Geburtsjahrgänge 1919 bis 1922 zum Eintritt in den Reichsarbeitsdienst sind sofort, spätestens bis zum 20. Februar 1941, bei der für den Wohnort zuständigen Kreispolizeibehörde, d. h. in den Landkreisen Esch, Diekirch und Grevenmacher beim Landrat, in der Stadt Luxemburg beim Polizeipräsidenten einzureichen. Die schriftliche Meldung muß Name, Vorname, genaue Anschrift, Beruf und Staatsangehörigkeit enthalten. Die Musterung der sich Meldenden findet in der Zeit vom 24. Februar ab statt. Ueber den genauen Tag und Ort ergeben für die einzelnen Kreise weitere Bekanntmachungen. Die Fahrtkosten zum Musterungsort werden ersetzt.

Voraussetzung für den Eintritt in den Reichsarbeitsdienst ist, daß die Bewerber deutschen oder artverwandten Blutes sind, die luxemburgische Staatsangehörigkeit besitzen und im Bereich des Chefs der Zivilver-

waltung ihren Wohnsitz haben. Bei der Einstellung werden solche Bewerber bevorzugt, die für die Führer- und Führerinnenlaufbahn des Reichsarbeitsdienstes in Frage kommen.

Die Einberufung für eine sechsmonatige Dienstzeit im männlichen Arbeitsdienst erfolgt voraussichtlich zum 15. März 1941 möglichst in Reichsarbeitsdienstabteilungen, die im Bereich des Gaues Moselland liegen. Die Einstellung in den weiblichen Arbeitsdienst erfolgt voraussichtlich zum 2. April 1941.

Die jetzt freiwillig abgeleistete Dienstzeit wird bei der späteren Einführung der gesetzlichen Reichsarbeitsdienstpflicht für Luxemburg auf die Pflichtdienstzeit voll angerechnet.

Luxemburg, den 12. Februar 1941.

Der Chef der Zivilverwaltung,
in Luxemburg.
Gustav Simon.
Gauleiter.

1941	Ausgegeben in Luxemburg, den 6. Juni 1941	Nr. 36
Tag	Inhalt	Seite
10. 5. 41	Verordnung über die Einziehung von Gerichtskosten und Vermögensstrafen sowie über gerichtliche Hinterlegungen.	231
21. 5. 41	Bekanntmachung betreffend die Bodenbenutzungserhebung 1941.	231
23. 5. 41	Verordnung über die Reichsarbeitsdienstpflicht in Luxemburg.	232
24. 5. 41	Bekanntmachung über Höchstpreise beim Verkauf von Branntwein.	232
26. 5. 41	Verordnung über die Regelung der Bauwirtschaft in Luxemburg.	234
28. 5. 41	Verordnung über die Beschlagnahme und Verwertung von Schafwolle.	234

Verordnung über die Reichsarbeitsdienstpflicht in Luxemburg. Vom 23. Mai 1941.

Auf Grund der dem Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg erteilten Ermächtigung wird für dessen Bereich verordnet:

§ 1

(1) Alle männlichen und weiblichen Bewohner von Luxemburg zwischen dem vollendeten 17. und vor vollendetem 25. Lebensjahr, die die luxemburgische Staatsangehörigkeit besitzen, können zur Dienstleistung im Reichsarbeitsdienst herangezogen werden.

(2) Für deutsche Reichsangehörige gelten die Vorschriften des Reichsarbeitsdienstgesetzes.

§ 2

Die Vorschriften des Reichsarbeitsdienstrechts finden ftingemäß Anwendung.


§ 3

Die Verordnung tritt am Tage nach ihrer Verkündung in Kraft.

Luxemburg, den 23. Mai 1941.

Der Chef der Zivilverwaltung
in Luxemburg.
Gustav Simon
Gauleiter.

ANNEXE II – VIRLEEFEGEN ENTSCHHEET NO DER MUSTERUNG FIR AN DEN RAD



Sorgfältig aufbewahren! In den Wehrpaß einlegen!

Vorläufiger Entscheid über die Heranziehung zum Reichsarbeitsdienst

Der Zigrand Franz
(Familienname, Vornamen)

Geb.-Tag u. -Monat 26.4. Geb.-Jahr 24.

in Perl
(Wohnort, Straße, Platz)

Wehrnummer 24/5/9/8

wird auf Grund des Musterungsentscheides als Dienstpflichtiger zum Reichsarbeitsdienst herangezogen.
Die Einberufung in den Reichsarbeitsdienst erfolgt durch den Reichsarbeitsdienst-Gestellungsbefehl.
Der Reichsarbeitsdienstpflichtige wird davor gewarnt, den Arbeitsplatz zu verlassen oder sonstige Maßnahmen zu treffen, bevor der Gestellungsbefehl eingegangen ist.

Das Reichsarbeitsdienst-Musterungsamt

Ort Redingen

den 10. Okt. 1942

Dorn
(Unterschrift des Mst.-Leiters)

 RAD 353

Meldepflichten des Dienstpflichtigen für den Reichsarbeitsdienst

Der Dienstpflichtige für den RAD unterliegt der Wehrüberwachung.

Der Dienstpflichtige für den RAD hat daher unverzüglich zu melden:

- Den Wegzug vom bisherigen Aufenthaltsort oder den Wechsel der Wohnung innerhalb des Wohnortes der polizeilichen Meldebehörde, dem bisher zuständigen Wehrmeldeamt.
- Den Zuzug in einen anderen Ort oder in eine andere Wohnung innerhalb des bisherigen Aufenthaltsortes der polizeilichen Meldebehörde, dem nunmehr zuständigen Wehrmeldeamt.

Der Wehrpaß ist bei den Ab- und Anmeldungen, sowie bei Rückfragen unbedingt vorzulegen.

Wer seiner Melde- und Gestellungspflicht nicht oder nicht pünktlich nachkommt oder den gesetzlichen Bestimmungen sonst zuwiderhandelt, wird, wenn keine höhere Strafe verwickelt wird, mit Geldstrafe bis zu 150 RM oder mit Haft bestraft.

ANNEXE III – SPUERE VUM LAGER



Dat wat op dëse Fotoe vun 2012 ze gesinn ass, kéint d'Gemaier an den Agank zu engem Ënnerstand sinn, uewen um Lager am Bësch, vun deenen Zäitze geschwat hunn. Leider ass dës Plaz fir eng Iwwerprüewung de Moment net erëmfannen. (Archiv MT)






Dëse Pëtzt louch gläich niewent der Führerbrak. E féiert och haut nach Waasser, den Debit ass awer éischter bescheiden. (Archiv MT)



Eng vun de RAD-Kennmarken, déi bei der Führerbrak fonnt gi sinn. (Archiv MT)


E Schacht vun engem Waasser-Reservoir, deem zum Waasserversorgungssystem am Lager gehéiert huet. (Archiv MT)



Opmaten aus dem Waasserhaischen (Foto S. 17): e Waasserschacht mat fittissem Bëtongs-Deckel an eisen Träppleken, vun der Quell gespeist; en Emplacement am Buedem wou eventuell eng Pompel stoung, déi d'Waasser erop an d'Réier gespeist huet. (Archiv CV)

ANNEXE IV – OPBAU VUN DER BRAK VUM CTF BOUNEWEG 1948

*Déi an Einzelstécker zerluechte Brak gëtt, vun e
puer Memberen aus dem Gaart an Heem vu
Bouneweg, Schrëtt fir Schrëtt nees zesummebaut.
Hei gesi mer, wéi en 1,1m breet Element mat
Fënster an d'Riicht gesat gëtt.*



*D'Madame kuckt besuergt no, wéi de Mann
do uewen tëschent den Dunne jongléiert fir
di ganz Daachkonstruktioun mateneen ze
verbannen. Awer all Pièce si nummeréiert an
d'Lächer fir di norméiert Schrauwe si
virgebuert. Do kann näischt schif goen!*



*Et huet sichtlech
Spaass gemaach
an d'Resultat léisst
sech wierklech weisen!
(Foto ënnen)*



Bibliographie

- Archives du Comité International de la Croix Rouge (CICR), Genève.
- Archives Marco Prim, Dikrech.
- Archives René Martin, Lëtzebuerg.
- Archives Vic JAEGER.
- Belair.lgs.lu, eise Grupp.
- BOURG Willy/MULLER André, „Eis Garde“, Die Geschichte der Grossherzoglichen Garde (1945-1966) im Rahmen der luxemburgischen Pflichtarmee, 1990.
- BOURG Willy/MULLER André, Eis Arméi, Bd 1, 1993.
- CERF Paul, Le Luxembourg et son armée, 1984.
- Club des Jeunes Ell, 1997, S. 63-79.
- Collection Amis de l'Histoire Roeserbann, in: ANLux
- D'UNIO'N, Organ vun der Unio'n vun de Lëtzeburger Freihétsorganisatiounen, Journal de l'Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeois.
- DAHM Jacques, 50 Jar Homer am Floss, in: 80 Jar Dikrecher Scouten, 50järe Jubileum vum Scoutspark, 1997
- DOSTERT Paul, Reichsarbeitslager in Luxemburg : Bettemburg, Hesperingen, Schüttringen, Mutfort, Rosport und Hollenfels, in: Von Chorsängern, Eisenbahnen und Kirchenglocken, Schëtter Gesank 1863-2013, 2013, S. 77-81.
- EVEN Georges, Frauen erleben den Krieg, 2007.
- Fonds MELCHERS E.T., in ANLux.
- GLESENER Jempy, E wichtegen Temoignage, ze fannen ouni Quellen Hiwäis um Site: <http://www.ons-jongen-a-meedercher.lu>
- HANSEN, Michael, „Idealisten“ und „gescheiterte Existenzen“. Das Führerkorps des Reichsarbeitsdienstes, Inaugural-Dissertation, 2004
- HERR Jos, Diekirch, 1985
- JAEGER Vic, Les Insignes de l'armée luxembourgeoise et des luxembourgeois dans les armées alliées, 1995
- JUNG Hermann, Die deutschen Kriegsgefangenen im Gewahrsam Belgiens, der Niederlande und Luxemburgs, München 1966.
- Krier Emile: Luxemburg am Ende der Besatzungszeit und der Neuanfang, in: www.regionalgeschichte.net, URN: urn:nbn:de:0291-rzd-007718-20202012-9
- Legilux.public.lu
- Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich, 75 Joer Liberatioun, Ed. Administration communale de Pétange, 1919 (?), S. 72-73
- LORANG Fernand, Am Dauschen iwwert d'Strooss vun Eisen ... Bettemburg im Zweiten Weltkrieg, Bd. I, 1989
- MELCHERS E.T., Luxemburg, Befreiung, und Ardennen Offensive 1944-1954, 1982
- Mémorial A et A13
- PATEL Kiran Klaus, Soldaten der Arbeit, Arbeitsdienste in Deutschland und den USA 1933 – 1945, 2002
- THILL Milly, Vun der „Schëtter Bud“, deem ale „Centre culturel“, in: Harmonie de la Commune de Schuttrange, 1908-1988, S. 19-42.
- TROSSEN Marc, Die Gemeinde Schüttringen, Pfarrkirche, Schulen und Verwaltung, Der Zweite Weltkrieg, 2005
- TROSSEN Marc, Les Luxembourgeois en France de 1940 à 1945, résistants, réfractaires, juifs, maquisards, déserteurs, émigrés ..., 2021
- TROSSEN Marc, Verluere Joëren, Bd I-II, 2015
- TROSSEN Marc, Verluere Joëren, Bd III-IV, 2018
- WEBER Mill, Kleng Viirgeschicht zu der „Schëtter Bud“, in: Harmonie de la Commune de Schuttrange, 1908-1988, S. 43-44.



Opzeechnung vum Lager op d'Kaart vun 1951 an de Kadasterplang vun der Strooss Beim Fuissebur (1983).



Schëtter



D'Schraasseger Lager 1941-1947

Mat Hëllef vu méi oder manner bekannte Fotoe vun deemools, Temoignage vun Zäitzeien an Informatiounen aus fréiere Publikatiounen, versichen d'Auteuren, Marc TROSSEN a Claude VANDIVINIT, d'Ausmoosse vum Schraasseger Lager nozezeechnen. Si beschreiwen och, wéi eng Roll dat Lager am historesche Kontext vum Zweete Weltkrich, der Occupatioun vum Land duerch di Däitsch an och nach no der Liberatioun gespillt huet.

De Lieser kritt en Abléck iwwer dat wat sech an de Joren 1941-1947 op dëser Plaz an der Schlassgewan ofgespillt huet a fënnt e puer méiglech Äntwerten op Froen, wéi:

- Wat war dat fir e Lager?
- Wéi huet et sech vun engem Reichsarbeitsdienst (RAD) Lager zu engem Lager fir d'Internéierung vu Kollaborateuren, dann zu engem Krichsgefaangenelager fir Zaldote vun der Wehrmacht a schlussendlech zu engem Militärcamp entwéckelt?
- Wéi eng Mënschen hunn hei a wéi enge Konditiounen gewunnt a geschafft, respektiv waren hei agespaart?
- A wat ass mat deenen 10 Brake geschitt, déi hei stoungen?



ISBN 978-2-87996-090-6



9 782879 960906